

sozialen a sportlechen Infrastrukture ginn. Esou si Crêchen, Foyers du jour, een Altersheem an eng Schwemm entstanden. Och bedreift dëse Syndikat gemeinsam eng Museksschoul an huet sech den Themeberäicher Transport an Energie ugeholl.

Wann ech dës puer Beispiller opzielen, ass et, well se Virbildcharakter hunn an ech mech domadder voll a ganz identifizéieren als dee richtege Wee. Ech gesinn et als eng grouss Eier un, sai Mandat zu Enn ze féieren, a sprächen dem Emile Calmes een oprichtige Merci fir déi geleeschten Aarbecht aus!

Meng éischt Opmierksamkeet an dësem héijen Haus wäert deenen Theme gëllen, fir déi ech mech bis elo an der Politik agesat hunn. Ech hu mat 22 Joer zu Feelen am Gemengerot ugefaang, sinn zënter 1994 Buergermeeschter an aktiv a sëllechen interkommunale Syndikater. Ech si President vum Naturschutzsyndikat SICONA-Centre. Ech si Vizepresident vum Ofwaassersyndikat SIDEN. Ech si Comitésmember vum Syvicol an och Verrieder vun deene klenge Gemengen am Conseil supérieur des Finances communales.

Wat déi aktuell Diskussioun iwwert d'Territorialreform ubelaangt, soen ech och Jo zu staarke Gemengen. D'Gemeng vu muer ass ee modernen Déngschtleeeschungsbetrieb, ee staarke Service public fir d'Bierger. Duerfir brauche mer eng reell Partnerschaft tëschent Stat a Gemengen a keen Diktat vun uewen. Eis Kanner, d'Jugend, dat ganz Ëmfeld vun de Schoulen, den drëtten Alter, de Wunnengsbau, d'Energie, d'Ëmwelt a besonnesch och den Naturschutz si Beräicher, wou d'Gemege gefuerdert sinn, obschonn datt se net zu hiren obligatoresche Missioun gehéieren.

Mir brauchen duerfir Gemenge mat équilibréierte Finanzen, mat engem Maximum vun net zweckgebonnene Suen, déi si dierfen a Missiounen no hirem Choix engagéieren. Mir brauche méi finanziell Gerechtegkeet, fir gläichwäerteg Liewens-konditiounen fir all Awunner an alle Gemenge vum Land ze garantéieren. Et ass een oppent Geheimnis, datt mir Nordlichter et méi schwéier hunn, wéi aner Regiounen, fir eis Fuerderungen an Uspréich no gläichwäertege Liewensbedéngungen duerchzusetzen.

Dat heescht am Kloertext, mir brauchen eng Reform vun de Gemegefinanzen an doduerch och méi finanziell Moyenn fir déi kleng Gemengen. Dat ass immens wichteg fir eis am Nordbezirk mat 42 Gemengen, déi 45% vum nationalen Territoire ausmaachen.

Well am Norde gëtt et keng grouss Gemengen! Och déi grouss, Ettelbréck an Dikrech, si klenger, jiddefalls wann een hir Recetten oder Gewerbesteier kuckt.

D'Nordstadgemenge kréien an der Moyenne 770 Euro Gewerbesteier pro Awunner, géint 1.570 Euro fir d'Gemeng Nidderaanwen oder 2.780 Euro Gewerbesteier pro Awunner fir d'Gemeng Betzder, Gemengen, déi kaum oder fir net ze soen iwwerhaapt keng regional Missiounen hunn.

(Brouhaha, hilarité et coups de cloche de la Présidence)

Ech bewonneren a freeë mech iwwert déi Dynamik op Esch-Belval: spektakulär Infrastrukturen, den Agank an eng nei Liewenswelt, een eenzegaartege Projet! Ech bedauern awer, datt déi strukturell Reformen am Norde manner séier viruginn. Ouni méi Sue vun uewe kommen d'Nordstadgemengen an der Entwécklung vun der Nordstad net virun, trotz exzellenter Viraarbecht an Iddië vun ënnen.

» Une voix.- Très bien.

» **M. Fernand Etgen (DP).**- Och hei bleiwe staatlechersäits eng Rei Hausaufgaben ze maachen.

Wéi gesäit d'Mobilitéitskonzept fir d'Nordstad aus a wat geschitt mat der Zuchstreck tëschent Dikrech an Ettelbréck? D'Realisatioun vun der névalgescher Zentralachs Ettelbréck-Dikrech gëtt eréischt verkéiers-technesch méiglech...

(Coups de cloche de la Présidence)

...mat der Realisatioun vun der Collectrice Nordstad, dat heescht, dem Bau vun enger

Süd-West-Ëmgehung vun Ettelbréck an enger Ëmgehung Norde vun Dikrech, dat heescht vun der Bleesbréck bis op de Fridhaff, an den Ausbau vun der B7 op véier Spure vu Schieren op de Fridhaff.

(Interruptions)

Och hei brauch d'Nordstad eng nei Struktur an enger Communauté urbaine, déi ze définéiere bleift, sollen déi sechs Gemengen zesummewuessen. Fir den integrative Prozess ze begleet muss och nach eng Entwécklungsgesellschaft gegrënnt ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi Der mierkt, sinn ech dem Nordbezirk besonnesch verbonnen an et ass fir mech eng Selbstverständlechkeet, datt d'Uleies vun der gesamter Nordregioun an d'Wuel vun allen Eisleker mir immens wichteg sinn!

An der Vergaangenheet war et ëmmer eng Stärkt vum Norden, datt d'Leit parteiwwergräifend zesummegehalen hunn, wann et ëm eppes Wichteges gaangen ass. Ech hoffen, datt dat och an der Zukunft esou bleift.

D'Politik dierf net nokucken, datt d'Welt sech zu Ongonschte vun der Mënschheet entwéckelt. D'Politik ass d'Zukunftsgestaltung. Grad dofir musse mir verstärkt op déi Jonk lauschteren, déi sech eescht Suergen ëm hir Zukunft maachen. Nom Nee vu groussen Deeler vun der Lëtzebuerger Jugend 2005 zum Europäeschen Traité, no de Stop-5611-Tumulten am Joer 2006 feelt et u Signaler an et feelt un Opbrochstëmmung. Et feelt u Perspektive fir eis Jugend.

» Une voix.- Très bien!

» **M. Fernand Etgen (DP).**- De Klimawandel mat all deene Konsequenzen, déi doraus entstinn, ass eng Realitéit. D'Situatioun um Aarbechtsmaart ass trotz héijem wirtschaftleche Wuesstem net roseg. Den Zougang zu enger eegener Wunneng gëtt opgrond vun onméigleche Prozeduren a Präisser ëmmer méi schwéier. Deen, dee wëllt loune goen, bezilt sech d'Aen aus dem Kapp.

Et brauch ee sech net ze wonnere wann déi Jonk mat Angscht an d'Zukunft kucken, wann ee bedenkt wéi se deelweis ënnerbruecht sinn an de Schoule vum Norden. Zu Wolz am Lycée du Nord gëtt Schoul gehalen op engem chaotesche Chantier. De Lycée technique Ettelbréck ass hoffnungslos iwwerfëllt: gebaut fir 1.000 Schüler, beleucht mat 1.850 Schüler; eng Kantine fir grad emol 120 Schüler; iwwerfëllte Klassensäal; Wanderklassen iwwer ganz Ettelbréck verspree; almoudesch Atelierien, déi weder de Sécherheetsbestëmmungen entsprechen nach den Ufuerderunge vun enger adequater Berufsausbildung; almoudesch Sportinfrastrukturen an esou weider.

Als Bauerejong wëll ech och nach kuerz op d'Landwirtschaft agoen. D'Landwirtschaft ass een dynamesche Wirtschaftssecteur, deen op d'Zukunft ausgeriicht ass. Et gëllt mam neien Agrargesetz dës Dynamik net auszebremsen. Eis Baueren dierfen net am Stach gelooss ginn. Datselwecht gëllt fir de Mëtzelstand, dee wéi de Bauerstand wesentlich derzou bäidréit d'Wirtschaft am ländleche Raum ze beliewen an hei déi meeschten Aarbechtsplazen ze schafen. Et ass de Mëtzelstand, deen innovéiert an och ausbilt. Et ass de Mëtzelstand, dee kriseresistent ass an och a wirtschaftlech méi schwierigen Zäite stabil ass a stabil bleift.

Zum Mëtzelstand gehéiert och den Tourismus. Während am Zentrum an am Süden den Tourismus vun deenen neien Infrastrukture profitéiere konnt war am Osten an am Norde keen Opschwung feststellen. D'Zuele stagnéieren, jo gi souguer erf. Den Tourismus an den Ardennë kann awer ee groussen Erfolleg erliewen, wann e ganz konkret op d'Stärkte vum Eislek opgebaut gëtt.

(Interruption)

» **M. le Président.**- Wann ech gelift!

» **M. Fernand Etgen (DP).**- E puer Stéchiwierder hei: Natur, Aktivtourismus, Kulturtourismus, historeschen Tourismus, Business- a Kongresstourismus, a last but not least dat, wat mer alleguer am léifste maachen, eng diversifiéiert gastronomesch Offer.

» **Plusieurs voix.**- Aaahhh!

» **M. Fernand Etgen (DP).**- D'Grënnung vun neien Office régional touristique des Ardennes, wou déi bénévolate a professionell Acteure konkret zesummeschaffen, muss eng Success story ginn.

Här President, ech géing mer zum Ofschloss nach erlabe ee Bléck zréck op mäi Berufsliewen ze werfen. 30 Joer laang hunn ech op der Enregistrementsverwaltung geschafft, eng passionnant Verwaltung

opgrond vun der Panoplie vun hiren Attributiounen an der Komplexitéit vun der Matière. Zënter der Ofschafung vun de Grenzen tëschent de Länner vun der EU huet sech ee System vun organisierter Steuerhannerzierung an Europa breetgemaach, deen de Memberstaten héich Verloschter un TVA-Recetten an eng grouss Konkurrenzverzerrung bréngt. Den Enregistrement brauch nach méi Leit, fir déi doten Défien opzehuelen. Ee Schrëtt an déi richteg Richtung ass de Projet, deen um Instanzewee ass, wat d'Kooperatioun tëschent deene verschiddene Finanzverwaltungen ubelaangt.

Meng beruflech Erfahrung huet mech des Weidere geléiert: 1. datt de Stat dem Steuerzueler net méi Suen ofhëlt wéi en der brauch, fir sengen Obligatiounen nozekommen; 2. datt d'Steiere solle sozial gerecht sinn - dës Suerg ëm Gerechtegkeet verlaangt awer méi einfach Steieren an ee vereinfacht Verhältnis tëschent der Verwaltung an dem Bierger -; 3. d'Steiere sollen d'Leeschung vum Einzelnen net bestrofen, mä förderen. Mir dierfen also keng ze staark Progressioun an der Steiertabell hunn. Ech war gäre Statsbeamten an ech wëll hei behaupten, datt den öffentlechen Déngscht wesentlich besser ass wéi sai Ruff heiansdo dobaussen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir gesitt: Opgrond vu mengem politesche Werdegang a menger beruflecher Erfahrung gesinn ech meng Aarbecht an der Chamber besonnesch an de Beräicher vun der Innen- a Landespolitik, souwéi vun der Steuerpolitik. Et läit op der Hand, datt ech mech dem Nordbezirk besonnesch verbonne fillen. An et ass fir mech eng Selbstverständlechkeet, datt d'Uleies vun der gesamter Nordregioun - vu Schieren bis op d'Wäpmerhaart a vun der Roumecht bis op Stolzebuerg - an d'Wuel vun allen Eisleker mir immens wichteg sinn.

Ech freeë mech elo op déi Aarbecht hei am Haus, si voll motivéiert op eng fair, loyal a konstruktiv Aart a Weis hei matzeschaffen, fir no Léisunge fir Problemer vun eiser Zäit ze sichen.

(Interruption)

» **M. le Président.**- Wann ech gelift!

» **M. Fernand Etgen (DP).**- Merci fir Är Opmierksamkeet.

» **Plusieurs voix.**- Très bien!

(Applaudissements)

» **M. le Président.**- Merci, Här Etgen.

2. Composition du Bureau

Nom Départ vum Här Henri Grethen ass d'Chamber opgeruff en neie Member fir de Bureau ze designéieren. D'DP-Fraktioun proposéiert den Här Grethen duerch den Här Goerens ze ersetzen.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Ausserdeem proposéiert d'DP-Fraktioun d'Madame Colette Flesch fir de Posté vum Vizepresident vun der Chamber.

Ass d'Chamber och domadder averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert an d'Madame Flesch ass vun elo u Vizepresident vun der Chamber.

3. Composition des commissions parlementaires et des délégations luxembourgeoises auprès des assemblées parlementaires internationales

Mat där neier Zesummesetzung vun der DP-Fraktioun ginn et och eng Rei Change-menter, notamment an de Kommissiounen an an deenen internationalen Delegatiounen. Et gëtt Folgendes proposéiert:

- Commission des Comptes:

den Här Fernand Etgen ersetzt den Här Emile Calmes;

- Commission des Affaires intérieures et de l'Aménagement du Territoire:

den Här Fernand Etgen ersetzt den Här Emile Calmes;

- Commission des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement:

den Här Eugène Berger ersetzt den Här Henri Grethen;

den Här Etgen ersetzt den Här Calmes, wat de Volet „Classes moyennes“ an „Tourisme“ ubelaangt;

an den Här Bettel ersetzt den Här Calmes, wat de Volet „Logement“ ubelaangt.

(Interruption)

Ass d'Chamber net d'accord?

(Interruption et hilarité)

- Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire:

den Här Goerens ersetzt den Här Grethen;

- Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports:

d'Madame Brasseur bleift Member fir de Volet „Sports“, währenddeems d'Madame Flesch zoustänneg gëtt fir de Volet „Économie, Énergie“ an „Postes“.

- Commission de l'Environnement:

den Här Berger ersetzt den Här Calmes;

- Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse:

den Här Berger ersetzt den Här Calmes;

den Här Etgen gëtt zoustänneg fir de Volet „Famille“;

an den Här Bettel fir de Volet „Égalité des chances“ an „Jeunesse“.

- Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative, des Media et des Communications:

den Här Berger an den Här Etgen ersetzen déi Här Calmes a Grethen;

- Commission des Transports:

den Här Berger ersetzt den Här Grethen;

- Commission du Travail et de l'Emploi:

den Här Etgen ersetzt den Här Calmes;

- Commission des Travaux publics:

den Här Etgen ersetzt den Här Calmes;

- Commission spéciale „Réorganisation territoriale du Luxembourg“:

den Här Etgen ersetzt den Här Calmes;

- Délégation luxembourgeoise auprès de l'Assemblée parlementaire de la Francophonie:

den Här Goerens ersetzt den Här Grethen;

- Assemblée parlementaire euro-méditerranéenne:

den Här Bettel ersetzt den Här Calmes als Membre effectif;

- Délégation luxembourgeoise auprès du Conseil interparlementaire consultatif de Benelux:

den Här Bettel ersetzt den Här Calmes als Membre effectif;

den Här Etgen ersetzt den Här Bettel als Membre suppléant.

- Délégation luxembourgeoise auprès du Conseil parlementaire interrégional:

den Här Goerens ersetzt den Här Grethen als Membre effectif an den Här Etgen ersetzt den Här Calmes als Membre suppléant.

Ass d'Chamber mat deenen dote Modifikatiounen averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zu deem eenzege Projet, dee mer haut de Mëtten um Ordre du jour hunn, dat ass déi Proposition de loi portant réglementation du financement des partis politiques. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Meyers, d'Madame Flesch, den Här Braz, den Här Gibéryen, den Här Fayot an den Här Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun der Proposition de loi, den honorabelen Här Alex Bodry. Här Bodry.

4. 5700 - Proposition de loi portant réglementation du financement des partis politiques

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

» **M. Alex Bodry (LSAP), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gi populär Gesetzer, et ginn onpopulär Gesetzer. Ech fäerte ganz, datt mer dësen Text éischter an déi zweet Kategorie areie kënnen, an dach ginn et awer noutwendeg Gesetzer, an zu där Kategorie gehéiert dësen Text sécherlech och.

Wa mer et eescht menge mam Fonctionnement vun der Demokratie, wa mer

d'Partei wierklech als eng wichteg gesellschaftspolitesch Kraaft gesinn an en Ausdrock vum politesche Pluralismus, a wa mer an de Partei virun allem méi gesi wéi reng Wahlmaschinnen a Maschinne fir Wahlkampagnen ze organiséieren, da brauche mer och zu Lëtzebuerg e Gesetz, dat de Finanzement vun de Partei regelt.

Lëtzebuerg huet laang gezéckt, bis haut, fir deen dote Schrëtt ze maachen. Esou ee Schrëtt soll ee sech och gutt iwwerleeën, an dach muss een zur Kenntnis huelen, datt an Däitschland - dat war dat éischt europäescht Land, wat an deem Sënn sech e Parteiengesetz ginn huet, wou och d'Finanzement geregelt ass - schonn am Joer 1959 légiféiert ginn ass, an a praktesch allen aneren europäeschen Demokratie sinn esou Parteifinanzierungsgesetze an de 70er, spéitstens an den 80er Jore vum leschte Jorhonnert gestëmmt ginn.

A wann een de Bilan haut kuckt an Europa, bei wäit iwwer 30 Demokratien, da sinn et just d'Schwäiz an Zypern, déi guer keen öffentliche Finanzement vun de Partei kennen an an England an Irland gëtt et nëmmen en öffentliche Finanzement vun de Fraktiounen an hirem Parlament.

Zu Lëtzebuerg kenne mer eng deelweis öffentliche Réckerstattung vun de Wahlkampfkäschten duerch ee Gesetz vun 1999. Zéng Joer virdru sinn eigentlech hei zu Lëtzebuerg méi systematesch öffentliche Hëllef fir d'Fraktiounsaarbecht festgeluecht ginn iwwer d'Chamberreglement. Dës zwou Regelungen, déi fir d'Fraktiounen an déi fir d'deelweis Réckerstattung vun de Wahlkampfkäschten bei nationalen a bei Europawahlen, bleiwe bestoen, och nom Vote vun dësem Gesetz.

Öffentlech, staatlech Bähëllef fir Partei-zentrale fir déi eigentlech Parteiarbecht ausserhalb vun de Wahlkampagnë kenne mir bis dato hei zu Lëtzebuerg net. Et ass eigentlech erstaunlech an och e bëssen alarmant, well mer eigentlech bis haut zu Lëtzebuerg kee Parteiengesetz hunn an deem Sënn, datt et géing iergendwéi eng verbindlech Regelung ginn, wat de Finanzement vun de Parteien ugeet. Dat war bis elo en Tabuthema hei zu Lëtzebuerg. Haut ass also viles méiglech, viles denkbar an deem doten Zesummenhang. Mat deem soll Schluss sinn an Zukunft.

Wéi eis Partei funktionnéieren, wat se schaffen, wou se hir Suen hierhuelen, fir wat datt se hir Gelder ausginn, dat ass bis elo zu Lëtzebuerg eng reng intern Affär vun de jeeweilege politesche Partei bliwwen. An drolegerweis huet dës a mengen Aen onduerchsichteg Situatioun zu manner negative Commentairen an eenzelne Medië gefouert wéi dës Gesetzworschlag, dee probéiert eng verbindlech Regelung eranzébréngen an och méi Transparenz an dee ganze System ze bréngen.

De François Bausch huet den 13. Mäerz 2007 e Gesetzesprojekt deponéiert, deen och d'Ënnerschrëften dréit vu mir selwer, dem Marco Schank, dem Claude Meisch an dem Roby Mehlen, also d'Ënnerschrëften dréit vun de Vertrieeder vu sämtlechen hei am Parlament vertruedene Fraktiounen.

Dës Gesetzworschlag stellt dann och ee Konsensus duer tëschent deenen eenzelne Fraktiounen hei am Parlament, wat awer net heesche wëllt, datt se eleng d'Interesse vu sech selwer gekuckt hätte wéi se un déi Matière hei erugaange sinn, a si hu sech genügend Zäit gelooss, fir dat ze maachen. Iwwer ee Joer hu praktesch d'Virbereedungsarbechten an engem Aarbechtsgrupp gedauert éier dee Projet hei als Proposition de loi zustane komm ass an och duerno ass se nach op wesentleche Punkten, besonnesch och opgrond vum Avis vum Statsrot, vun der zoustänneger Kommissioun amendéiert ginn, déi mech och zum Rapporteur vun dëser Proposition de loi designéiert huet.

Dës Gesetzworschlag, säin Hauptmérite läit doranner, datt en een einfache strenge Kader setzt fir d'Finanzéierung vun de politesche Parteien hei zu Lëtzebuerg.

Dräi Ziler verfollegt en:

Éischstens versicht en de Risiko vun enger Aflossnam vu baussen op d'Parteien, vun der Wirtschaft oder vun anere Lobbyen, duerch eng nei Regelung, streng Regelung, wat d'Donen uginnt, op een absolute Minimum ze beschränken.

Zweetens wäerten an Zukunft d'Konte vun alle Parteien transparent ginn an enger onofhängeger Kontroll ënnerworf bleiwen.

An drëttens kréien d'Partei genügend öffentliche Gelder zur Verfügung gestallt, fir, ouni mussen ënner anerem op Betrübendon zréckzegräifen, hirer Missioun an der Gesellschaft an an den Institutione kënnen gerecht ze ginn.

Un alle Parteien ass et elo ze beweisen, wann deen Text hei Gesetz ass, datt se dës Regelung seriö huelen, an datt se dës Regelung korrekt an zilgerecht ëmsetzen. Et ass also Schluss mat den anonyme Spenden. Privat Donë bleiwen ënner gewësse Konditiounen erlaabt, mä si sinn enger strenger Kontroll a Publicitéit ënnerworf.

D'öffentlech Gelder fir d'Partei mussen haaptsächlech agesat ginn, niewent dem normale Fonctionnement vun hirem Parteiapparat, fir Berodung a Weiterbildung vun de Mandatairen a vun de Memberen.

Mir haten am urspréngleche Projet do e Minimum vun 10% virgesinn. Deen ass erausgeholl ginn aus prakteschen Ursaachen, mä dat bleift awer eng gemeinsam Zilrichtung vu sämtleche Partei vill méi kennen duerch déi öffentliche Gelder ze engagéieren am Beräich vu Berodung, Weiterbildung, politeschen Etüden, Kontakt mam Bierger, Informatioun an Opklärung an och am Beräich vun der internationaler Zesummenaarbecht, wou sämtlech Parteien och an europäeschen oder an internationalen Netzwierker a Verbänn mat engagéiert sinn.

Et wär sécherlech och wëschenswäert, wann d'Partei sech géingen ënnereneen ofschwätze bei der praktescher Ëmsetzung vun deem heiten Text, wat en neien Text ass, wou sécherlech munch Froe sech nach stelle wäerten, herno, wann et dorëms geet dat um Terrain wierklech ze applizéieren. Mä et wär awer och wëschenswäert - dat ass eng perséinlech Iwwerleung, déi ech hei maache wëll -, wann d'Parteien och kéinten en Accord fannen ënner sech, wat déi nächst Wahlkampagnen ugeet, fir et net zu enger Käschenexplosioun bei deene Wahlkampagnë kommen ze loossen.

Dofir sinn déi öffentliche Gelder eigentlech net geduecht, gell Diert, fir dat ze maachen. Mir kenne jo haut schonn de System vun der deelweiser Réckerstattung vun de Wahlkampfkäschten, an dofir sollt tëschent alle Parteien en Engagement kommen, fir hei Fouss bei Mol ze halen an ze verhënnern, datt dat heiten zu enger weiderer gréisserer Ausgab an deem dote Beräich vun de Wahlkampagnë féiert.

Ech hunn als Rapporteur och am schrëftleche Rapport virgeschloen, datt, wéi mer dat och bei anere Gesetzestexte maachen a besonnesch an Domänen, wou fir d'éischt légiféiert gëtt, do ee Bilan gezu gëtt, datt d'Chamber no zwee, dräi Joer praktescher Uwendung vun deem heite Parteifinanzierungsgesetz e Bilan zitt, mat deene Concernéierte schwätzt a probéiert eng objektiv Bëuerteelung duerchzeféieren, wat deen heite System bruecht huet, wat e vläicht net bruecht huet vun den ursprénglechen Zilsetzungen, déi mer eis gesat haten, a wou ee muss nobesseren, ëmännern, compléieren, wat de legislativen Text ugeet.

An alle Länner, wou et zënter laange Joren eng Parteifinanzéierung iwwer e Gesetz gëtt, ass et zu Nobesserunge vun deenen Texter komm opgrond vun der praktescher Erfahrung, déi gesammelt ginn ass. D'Partei stinn also virun enger ganz grousser Verantwortung a si wäerte vun der öffentlecher Meenung dorunner gemooss gi wéi se déi öffentliche Mëttelen, déi hinnen zousätzlech zur Verfügung stinn, elo wierklech asetzen. A si eleng hunn et also an der Hand ze bewierken, fir méi eng grouss Akzeptanz no bausse vun esou enger Regelung ze kréien.

D'politesch Parteien zu Lëtzebuerg hu kee Schattendasein. Et si wichteg politesch Kräfte, och wat d'Ziel vun hire Memberen ugeet. Dat ënnerscheet souguer d'Lëtzeburger Situatioun vu villen aneren, och gréissere Länner an Europa. Ech hunn eng Kéier e bëssen eng Aschätzung gemaach opgrond vun deenen Zuele vun de Memberen, déi déi eenzel Parteien zur Verfügung gestallt hunn, an ech sinn zum Schluss komm, dass mer hei zu Lëtzebuerg ronn 22.000 bis 24.000 Leit hunn, déi Member vun enger politescher Partei sinn, dat bei enger Gesamtziel vun 220.000 ageschriwwene Wieler.

Wann een also do och dem Fait Rechnung dréit, dass eng Rei vu Leit vläicht keng Wieler sinn, déi Member an enger Partei sinn, well se Ausländer sinn oder well se och den Alter nach net hunn, fir sech kënnen bei Wahlen ze bedeelegen, esou kann een dovunner ausgoen, dass ronn 8 bis 10% vun de Wieler hei zu Lëtzebuerg Member vun enger politescher Partei sinn. Dat ass een héije Prozentsaz am Verglach mam Ausland.

Déi traditionell grouss Partei sinn och zu Lëtzebuerg Memberparteien, well se zegausend Memberen hunn. Si hunn eng

breet sozial Assise. Och wann dat bei méi jonke Parteien noutgedrונgenerweis net am selwechte Mooss de Fall ass, esou kann een awer soen, dass sämtlech Parteien, déi zu Lëtzebuerg deen Numm verdéngen, an der Gesellschaft verwuerzelt sinn an och eng national Ausrichtung hunn.

Zurzeit si fënnf Parteien hei an der Chamber vertratt. Mir haten alt bei legislative Wahlen bis zu zwielef Lëschten hei zu Lëtzebuerg. Lëtzebuerg ass also e klengt Land, awer eng lieweg Demokratie mat enger breeder Parteielandschaft, wéi ee se ähnlech och a grouse Länner ermëfent, an dat soll och no deem heite Gesetz esou bleiwen. Dat war eng gemeinsam Suerg, déi mer bei eisen Aarbechten haten.

Zwou allgemeng Bemierkunge wollt ech nach maachen, ier ech op déi fënnf zentral Punkte vun deem Gesetz ze schwätze kommen:

Ech hu jo schonn ervirgehewen, dass dës Gesetzworschlag vu sämtlechen an der Chamber vertratte Partei gedroe gëtt, mä aner Partei sollen och kënnen dovunner profitéieren.

Zweite Punkt, deen ech wollt ervirsträichen: Mir hunn net am lofleere Raum geschafft, wéi mer déi Texter hei formuléiert hunn, mä mir konnten eis haaptsächlech op zwou Quelle berufen: éischstens emol op bestehend Gesetzgebungen an aneren europäeschen Demokratien, notamment de Länner ronderëm eis, der Belsch, Frankräich an Däitschland; awer virun allem och op eng politesch Recommendation, d'Recommendatioun 2003/4 vum Comité des Ministres vum Conseil de l'Europe iwwert d'gemeinsam Regele géint d'Korruptioun bei der Finanzéierung vun de Parteien an de Wahlkampagnen. Déi Richtlinie vun där Recommendation vum Conseil de l'Europe, dat war eigentlech de Maassstab, fir déi eenzel Bestëmmungen an där Gesetzespropositioun festzeleeën.

Als Institutionskommissioun hu mer eis Aarbechten och seriö geholl. Mir haten net manner wéi néng Sitzungen zu deem heiten Thema. Mir hunn eng ganz Serie vun Amendementë gemaach opgrond haaptsächlech och vum Avis vum Statsrot, an den definitiven Text, dee baut eigentlech och op der Textstruktur op, wéi de Statsrot se proposéiert hat. Och d'Regierung hat sech an enger kuerzer Stellungnam positiv zu där heiter Gesetzesinitiative geäussert.

Ech wëll hei net an den Detail vum Text agoen, wär awer frou, wann ech kéint, well dat effektiv dat Wesentlechste ass, fënnf zentral Froe behandelen, déi sech och an de Recommendation vum Conseil de l'Europe ermëfannen, déi mer och diskutéiert hu mam Grupp GRECO vum Conseil de l'Europe, déi eng Observatioun maachen iwwert d'Korruptioun an de Memberstate vun der Europäescher Union an déi speziell och iwwert d'Parteifinanzéierung e Rapport deennächst wäerten iwwer eist Land maachen.

Déi fënnf zentral Punkten, déi fënnf Froe sinn déi folgend: Wie profitéiert vun der Parteifinanzéierung, wéi d'Gesetz et virgesäit? Wéi vill mécht d'öffentlech Finanzéierung aus? Wéi gesäit de Regime vun de Privatspenden aus? Wat fir eng Buchféierung mussen d'Partei maachen? An duerch wéi ginn d'Konten an d'Bilanë vun de Partei kontrolléiert?

Bei den Äntwerten op déi dote Froen, bei der Ausschaffung vun definitiven Text ware mer vun zwou Grondiddi geleet: Éischstens, méiglechst einfach an novollzéibar Regele festzeleeën, an zweetens, d'Parteifinanzéierung hei zu Lëtzebuerg soll op objektiven, gerechten a vernünftege Kriterien opgebaut sinn.

Déi éischt Fro: Wie profitéiert vun där öffentlecher Parteifinanzéierung hei zu Lëtzebuerg?

Fir ënnert de Regime vun der Finanzregelung ze falen, muss ee folgend Konditiounen erfüllen: Et muss een éischstens emol eng politesch Partei sinn. Mir hunn d'Definitioun do iwwerholl, wéi se am Gesetz vun 1999 festgehalten ass. Et muss een also iwwer fest Strukture verfügen. Et muss ee mindestens Statuten an e politesche Programm hunn. Et brauch ee keng Personalitéit juridique als Partei ze hunn. No menger Kenntnis huet keng vun de politesche Parteien eng Personalitéit juridique hei zu Lëtzebuerg.

Zweet Konditioun, fir kënnen an deen heite Regime eranzekommen: Et muss ee komplett Lëschten opstellen an de véier Bezierker bei den Nationalwahlen an och bei den Europawahlen an et muss ee mindestens 2% vun de Stëmme kritt hunn an der nationaler Moyenne - dat ass eng Moyenne pondérée tëschent deenen eenzelne Bezierker bei den Nationalwahlen

- an och 2% kréie bei den Europawahlen. Et ass also eng kumulativ Konditioun, déi de Gesetzworschlag hei virgesäit.

Firwat 2%? D'Diskussionen am Aarbechtsgrupp hu gereecht vun 1% bis 4%, a mir hunn eis schliesslech op deenen 2% géeenegt. 2%, dat mécht et méiglech, dass eng Partei, déi och kee Vertrieeder an der Chamber huet, awer an de Genoss vun enger öffentlecher Finanzéierung kënn mat deem heiten Text.

Dass dat keng Theorie ass, wëll ech duerch folgend Zuele beleeën: 1999 hat d'Lëscht vun Déi Lénk, op där och Leit vun der KP deemools kandidéiert haten, am Landesdurchschnëtt ronn 3%. 2004 hat Déi Lénk 1,7 respektiv 1,8%, war se also ganz no un deem Sockel vun 2% drun. Wa mer e bësse méi zréck ginn, 1994, d'National Bewegung wär drënnergefall, well si louch bei den Nationalwahlen wéi och bei den Europawahlen iwwert dem Seuil vun den 2%. Si hat awer kee Vertrieeder hei am Parlament, esou dass Der also gesitt, opgrond vun deene praktesche Beispiller, dass duerchaus an der Vergaangenheet déi Dispositioun hei gespillt hätt, och fir Parteien, déi am Fong kee Vertrieeder an d'Chamber selwer geschéckt hunn.

Dat war eis och immens wichteg. Mir wollten op där enger Säit verhënnern, dass déi nei Regelung nëmme sollt fir etabliert Partei gëllen, an op där anerer Säit awer och net dozou bäidroen sollt, doduerch, dass mer de Seuil ze niddreg géife setzen, dass mer iwwert deen heite Parteiesystem eigentlech géifen d'Zersplitterung vun der Parteielandschaft hei zu Lëtzebuerg förderen. Duerfir, wéi gesot, dee Seuil vun 2%.

Mir mengen, dass dee Seuil sech vertrieede léisst an dass dat och novollzéibar ass, wéi mer do gelannt sinn. Mä dat ass eng Fro, déi ee sécherlech beim Bilan an zwee, dräi Joer nach eng Kéier sollt frësch kucken.

Zweite Punkt, dee wichteg war: Wat fir eng staatlech Finanzéierung gëtt et? Wou setze mer un? Do hu mer eis festgeluecht op en duebele System, op där enger Säit eng Part fixe, e Sockelbetrag vun 100.000 Euro, deen all Partei automatesch zeguttkennt, déi déi minimal Konditiounen vum Gesetz erfüllt. Do kënn eng Part variable nach drop vun 11.500 Euro pro Prozentpunkt, déi déi eenzel Parteien iwwert dem Sockel vun 2% leien, sief et an der Moyenne pondérée nationale bei Legislativwahlen, sief et bei den Europawahlen.

Dee System féiert dozou, dass déi méi kleng Parteien, relativ gesinn, e bësse besser ewechkommen, wéi déi méi grouss Parteien, well ebe mat engem Sockelbetrag hei geschafft gëtt. Mä dat ass eigentlech ganz normal. Dat ass och ee vun de Kriterien, dee mer wollte berücksichtegen an deem heite Fall.

Wann een dat op déi heiteg Situatioun ausrechent, da kann ee soen, dass sämtlech Parteien, déi drënnerfalen - dat sinn der, wéi gesot, fënnf -, insgesamt 2,5 Milliounen Euro géinge jährléich Dotatioun kréien, wa se herno déi aner Konditiounen erfüllen, déi sech aus der praktescher Ëmsetzung vun deem heiten Text erginn.

Et sinn haaptsächlech folgend Konditiounen, déi elo spillen:

Aus dem Text vun der Gesetzwirlag geet ganz kloer ervir, dass déi Gelder net däreren zweckentfremdet ginn. Déi Gelder mussen ausschliesslech zu Parteizwecker agesat ginn. Wann dat net de Fall ass, da fällt déi Partei net méi ënnert d'Bestëmmunge vun deem heiten Text.

An zweetens natierlech: D'Gesetz gesäit eng ganz Rëtsch vu Regele vir: vun Offenleung vun de Statuten, vun den Nimm vun den Dirigente vun de Parteien, wat d'Donen ugeet a wat d'Konten an d'Bilane vun de jeeweilege Parteien ugeet. Loosse mer dozou iwwergoen.

Den drëtten wichtege Punkt: Wéi gesäit et mat de Privatspenden aus? An och do hu mer eng ganz streng Optioun geholl, wann een dat vergläicht mat deem, wat am Ausland üblich ass op deem dote Punkt. D'Spende vun de physische Persounen bleiwen och an Zukunft erlaabt, mä si mussen wa se eng gewëssen Importenz hunn - an déi hu mer relativ niddreg ugesat, bei 250 Euro - veröffentlecht ginn. Et muss

also eng Lëscht gemaach ginn. Et muss Buch gefouert ginn. Déi Donen iwwer 250 Euro mussen mam Numm vum Spender veröffentlecht ginn. Jiddferree muss déi kënnen akucken. Esou dass also Donë vu Privatpersounen eng Einnahmequell vu Parteie bleiwen, sécherlech awer un Importenz wäerten ofhuelen.

Niewent deenen aneren Akommessen, déi eng Partei huet, wat jo normalerweis Membersbeitrag sinn, déi wahrscheinlech e gudden Deel vun den Einnahme vun deene grouse Parteien zumindest duerstelle respektiv och d'Cessiounen, déi d'Mandatairë maachen un hir Parteien opgrond vun hiren Indemnitéiten an hire politeschen Ämter. Och dat bleift selbstverständlech an Zukunft méiglech. Anonym Spende sinn ausdrécklech verbueden.

Och een Opsplécke vun de Spende wär contraire zum Gesetz. Et dierf een net eng Spend opsplécken an e puer Elementer, fir sech eigentlech laanscht d'Veröffentlechung vun den Nimm ze drécken. Och dat wär e Contournement vun den neie gesetzleche Bestëmmungen, wéi et och implizit verbueden ass, dass Spenden iwwer e puer Statiounen géinge lafen, dass Stréimänner oder -frae géingen hiren Numm hierginn, dee Prête-nom fir aner Leit. Och dat ass zwar méiglech, mä ass verbuede mat deem heiten Text.

Duerfir och deen Appel, deen ech virdu lancéiert hunn: All Parteien hunn derfir ze suergen, dass dat heite ganz strikt applizéiert gi wäert, soss muss ee sech do an Zukunft nach iwwer zousätzlech Regele Gedanke maachen, wann ee géing feststellen, dass an där doter Fro iergendwéi Mëssbräich wäerte gemaach ginn duerch déi eenzel Parteien.

Spende vu juristesche Persounen ginn ausdrécklech net erlaabt. Dat heescht also am Kloertext, dass Firmen a Betriber keng Parteispenden an Zukunft maachen dierfen. Do ginn et praktesch nëmmen zwee, dräi aner Länner an Europa, déi déi doten absolut Interdictioun festgehalen hunn. Et war, mengen ech, fir sämtlech Parteie wichteg, dass dat kloer festgehalen gouf.

Betriebsspenden, Spenden duerch Verbänn, och Gewerkschaften a Veräiner sinn also an Zukunft illegal; si sinn net méi méiglech. Et geet dorëms, fir also all Aflossnam vu bausen op een absolute Minimum ze reduzéieren an net d'Parteie sech ënner Drock setzen ze loossen duerch iergendwellech Ofhängegkeeten, déi kéinten zu private Spender entstoen, an déi hir Aktiounsfräiheet géingen an iergendenger Form anengen.

All Donë mussen also enregistriert ginn: ob déi Donen an der Parteizentral selwer erakommen, oder ob se an den Ënnerstrukture vun de Parteien entgéintgehol ginn oder souguer, ob se iwwer Associatiounen erakommen, déi en direkte Lien mat de politesche Parteien hunn; wéi d'Associatiounen, déi d'Gestioun maache vum Patrimoine immobilier vun de Parteien oder Fondatiounen, déi de Parteien nostoe géingen. All déi Donë mussen ouni Ausnahm enregistriert an deklaréiert ginn.

De véierte Punkt: D'Parteie mussen an Zukunft eng nei Buchféierung maachen. An den Zentralstrukture mussen all Einnahmen an Ausgabe verbucht ginn. Déi patrimonial Situatioun - aktiv a passiv - muss och kloer festgehalen ginn. Dat geet a Richtung vun enger Comptabilité commerciale, wat d'Zentralstrukture vun de Parteien ugeet.

Wat d'Ënnerorganisatiounen vun de Parteien ugeet: Do gi mer an dëser Phas net esou wäit aus prakteschen Ursaachen, mä selbstverständlech mussen do déi Keesse-berichter vun deenen Ënnerorganisatiounen veröffentlecht ginn. Se mussen approuvéiert ginn duerch déi Organer, déi bei de Parteien zoustänneg sinn. Et muss och e Réviseur de caisse dat Ganzt kontrolléieren.

D'Gesetz schreift also och vir wat fir eng Haaptrubriken an där Kontabilitéit vun de Parteien erëmfefanne sinn. Déi kënnen souguer duerch Règlement grand-ducal festgeluecht ginn. Duerch Règlement grand-ducal kann en eenheetleche Plan comptable fir politesche Parteie festgeluecht ginn, wann dat néideg ass.

Dat do war ee Punkt, wou mer Diskussiounen mam Statsrot haten. Dee wollt déi Comptabilité commerciale iwwer sämtlech Elementer, Composantë vun de Parteien hunn. Aus prakteschem Sënn si mer awer bei der Iddi vun der Proposition de loi bliwwen op deem dote Punkt, quitte dass een an enger zweeter Phas och iwwert déi dote Fro nach eng Kéier diskutéiere kann, wa mer souwisou de Gesetzestext op de Leescht huelen.

Fir mech ass et kloer, dass de Corollaire vun där dote Kontabilitéit fir d'Parteien och nei Regele sinn, wat d'Kontabilitéit vun de politesche Fraktiounen ugeet. Well et ass jo ganz kloer, dass dat, wat bis elo méiglech war, nämlech eng gewësse Confusioun vu Partei a Fraktioun, wat d'Finanzen ugeet, an Zukunft ausgeschloss gëtt mat deem heiten Text. Och do kënnst méi Transparenz eran. Wann een d'Kontroll wëllt komplett maachen, da muss een et och méiglech maachen, dass d'Fraktiounskonten an deemselwechte Mooss eigentlech opgestallt a kontrolléiert gi wéi dat bei de Parteikonten de Fall ass, well soss kann et jo zu enger Querfinanzéierung iwwert deen dote Wee vun de politesche Parteie kommen. Do ass et vläicht un der Zäit, fir drun ze denken och eist Chamberreglement op deem dote Punkt nach ze vervollständigen.

De fënneften a leschten Hauptpunkt vun der Diskussioun: D'Fro vun der Kontroll, vun der Buchféierung, der Transparenz an där vun de Sanktiounen. Eisen Text geet do ganz wäit. Do si mer méi wäit gaange wéi de Statsrot eigentlech goe wollt, deen ëmmer do ganz virsiichteg war, wou mir awer als Institutionskommissioun ganz kloer d'Optioun eis opgehalen hu vun där ursprénglecher Proposition de loi a gesot hunn: Sämtlech Konten a Bilane mussen net nëmmen no gewëssene Regeln opgestallt ginn, mä déi mussen och vun enger onofhängeger Stell kontrolléiert ginn.

All déi Elementer vun deem Bilan vun de Konten - och de Rapport vun der Cour des Comptes herno iwwert déi Buchféierung - mussen öffentlech sinn. Déi muss also accessibel si fir jiddferen. Déi muss kënnen vu jiddferengem, deen dat wëllt, agekuckt ginn. Dat ass eng elementar Fro. D'Contrepartie zum öffentleche Finanzement vun de Parteien ass eben déi Transparenz an déi streng Regeln, déi an dee Finanzement vun de Parteien erakommen.

Dat ass also eng ganz aner Welt par rapport zu deem Flou, dee mer eigentlech haut a puncto Parteiefinzen zu Lëtzebuerg hunn, säit laange Jorzéngten. D'Konten an d'Bilane vun den zentrale Parteistrukture mat de Lëschte vun den Donateuren mussen all Kéiers bis spéitstens den 1. Juli vum Joer drop un de Statsministère an un de Bureau vun der Chamber weidergereecht gi vun de Parteien. De Bureau vun der Chamber gëtt erëm eng Kéier déi ganz Dokumentatioun weider un d'Cour des Comptes.

D'Cour des Comptes ass also een onofhängegt Kontrollorgan, wat der Chamber zwar ënnersteet, mä wat onofhängeg seng Aarbechte mécht. D'Cour des Comptes ass déi Instanz, déi och d'Exécutioun vum Statsbudget am grouse Ganze kontrolléiert, a wou mer also hei och versicht hunn den Droit commun gëllen ze loossen, wat déi praktesch Ausféierung vun de staatleche Budgetsmëttelen ugeet, wou jo een Deel dann un d'Parteie geet.

D'Parteie sinn no deem heiten Text och gehale sämtlech Informatiounen an Dokumenter, déi d'Cour des Comptes freet, direkt zur Verfügung ze stellen, fir dass si hir Aarbechte maache kann.

Wéi dat och üblecherweis de Fall ass bei anere Kontrollen, déi d'Cour des Comptes mécht, mécht se Observatiounen zu de Parteien. D'Parteie kënnen Stellung bezéien. Dat Ganzt fléisst herno an e Rapport eran, ee Rapport, deen iwwert den Internetsite vun der Chamber veröffentlecht wäert ginn. Esou kann och beim Greffe vun der Chamber jiddferen Abléck huelen an déi Dokumentatioun vun de Parteien.

Schlussendlech ginn d'Konten an d'Bilane vun deene jeeeweilige Parteien och am Mémorial B all Joer veröffentlecht.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

An dee ganze System era falen zwéngenderweis awer just déi Parteien, déi och wierklech öffentlech Finanzhëlfelefen ufroen. Parteien, déi aus wellechen Iwwerleuegen och ëmmer décidéieren, mir wëlle keng öffentlech Gelder, déi brauche sech theoretesch och net un d'Contrepartie vun deem ze halen, déi brauche sech also och net un déi Regeln ze halen, déi elo virgesi ginn, wat d'Kontabilitéit vun de Parteien ugeet oder wat d'Donë vun de Parteien ugeet.

Strofe sinn och hei virgesinn. Op Urode vum Statsrot si mer ofgeréckt vun der ur-

sprénglecher Iddi aus der Proposition de loi, fir e speziellen Delikt hei anzeféieren, wat den Netrespekt vun de Bestëmmungen vun deem heiten Text ugeet, besonnesch och wat d'Spende betrëfft, well de Conseil d'État gesot huet: Féiert hei keen neien Delikt an, de Code pénal kennt haut eng ganz Rëtsch vun Delikter, déi hei géife spillen, am Fall wou ee sech net géif un déi zwéngend Bestëmmungen vun deem Finanzéierungsgesetz halen.

Dat ass notamment den Artikel 196 vum Code pénal iwwert de Faux en écriture privée. Eng Partei, déi wëssentlech hei géif falsch Angaben eraginn, déi fält ënnert déi dote Strobbestëmmungen, an do sti ganz héich Geldstrofen a ganz héich Prisongsstrofen drop, wann ee sech net géif un déi dote Bestëmmungen halen.

Wat och wichteg ass: Mir hunn och festgehalen, dass dëst Gesetz de Parteien - déi, déi d'Sue kréien, oder déi, déi Sue kréie wëllen - och en allgemengt Rekursrecht gëtt virum Verwaltungsgericht, fir do kënnen opzetrieden, och wa se selwer keng Personalité juridique hunn, fir kënnen derfir ze suergen, dass déi Texter hei ënnert der Kontroll vun de Gerichter uerdentlech a korrekt applizéiert ginn.

Wann Der dat heite Gesetz stëmmt, da wäert et den 1. Januar 2008 a Kraaft trieden. Dat ass d'Recommandatioun, déi lech d'zoustänneg Kommissioun eestëmmeg mécht.

Merci.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. le Président. - Très bien! Ech soen dem Här Alex Bodry Merci. Als éischte Riedner ass den Här Paul-Henri Meyers agedroen. Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

» M. Paul-Henri Meyers (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi ausféierlech Diskussioun, deen ausféierleche Rapport vum Rapporteur, souwuel dee mëndleche wéi och dee schrëftlechen, erlaube mir, relativ kuerz ze sinn a menger Ried haut de Mëtteg. Ech soen och dem Rapporteur villmools Merci fir déi Ausféierungen, déi kloer sinn, esou dass och jiddferen hei am Sall an dobause versteet, ëm wat et geet a firwat dass d'Parteiefinanzéierung hei zu Lëtzebuerg komme soll.

D'Chamber huet de 5. Dezember vun dësem Joer en éischte Vote geholl, fir d'Parteien an d'Verfassung anzeschreiwen. Mat deem heite Gesetz gëtt dann hei zu Lëtzebuerg och d'Parteiefinanzéierung gesetzleche geregelt. D'Parteie sollen eng Hëllef kréien, fir hinnen ze erlaben, hir Aarbecht korrekt ze maachen. D'Gesetz iwwert d'Parteiefinanzéierung kritt domat ee virleefegen Ofschluss, och wann déi Diskussioun schonn zënter méi wéi 20 Joer amgaangen ass.

Déi Diskussiounen si viru Jorzéngten ugaangen, souwuel bei eis wéi och an den Nopeschlänner, haaptsächlech duerch Skandalen ëm déi sougenannt Parteispenden. Ech erënneren do un déi Diskussiounen, déi an eisen Nopeschlänner waren, an Däitschland, a Frankräich an och elo nach an England. Si hunn dozou gefouert, dass ëmmer méi europäesch Länner Gesetzter gestëmmt hunn, déi d'Finanzéierung vun de Parteie geregelt hunn.

An der Sitzung vum 5. Dezember huet jiddferee gesot, dass d'Parteien e wichtige Rôle an der Demokratie spillen, dass mer se brauchen. Duerfir muss een och derfir suergen, dass se déi néideg Mëttelen hunn, fir hir Aufgaben ze erfüllen.

Bei deene Gesetzter am Ausland si grëss-tendeels d'Donë verbuede ginn oder si si ganz strikt geregelt ginn. Fir de Parteien awer déi finanziell Mëttelen ze ginn, déi se brauchen, fir déi Ausgaben, déi ustinn, kënnen ze kréien, huet da missen de Stat de Parteie finanziell Mëttel garantéieren, wéi dat och an deenen aneren Nopeschlänner de Fall ass.

E wichtige Rôle an där Entwécklung kënnst hei dem Conseil de l'Europe zou. De Conseil de l'Europe huet schonn an den 80er Jore vum leschte Jorhonnert Etüden iwwert d'Parteiefinanzéierung erstallt, an an enger Recommendatioun N°2003/4, déi den 8. Abrëll ugehol gouf, si Regeln opgestallt ginn, fir d'Korruptioun bei de politesche Parteien ze ënnerbannen.

Déi Recommendatioun wëllt, dass déi finanziell Situatioun vun de Parteie méi kloer gëtt, méi transparent gëtt. D'Recommendatioun verbitt d'Donen net, mä d'Recommendatioun verlaangt, dass déi Donë public gemaach ginn an dass se geregelt ginn. D'Zil vun der Recommendatioun ass d'Bekämpfung vun der Korruptioun an de politesche Parteien.

Lëtzebuerg huet laang gewaart, fir d'Parteiefinanzéierung gesetzlech ze regelen. Wa mer awer déi Entwécklung am Ausland gesinn, wa mer eis och déi Recommendatioun vum Conseil de l'Europe méi genau ukucken, da stelle mer fest, dass och Lëtzebuerg net derlaanscht kënnst, fir een Text ze stëmmen, deen d'Finanzéierung vun de Parteie regele soll.

Besonnesch muss een drop hiweisen, dass de Conseil de l'Europe, esou wéi dat an der Recommendatioun virgesinn ass, d'Anhale vun deene Regeln, déi an der Recommendatioun sinn, och kontrolléiert, an zwar duerch de Grupp GRECO, dee jo am Oktober hei zu Lëtzebuerg war, de Groupe d'États contre la Corruption, deen also kucke geet an déi eenzel Länner, awéiwäit dass d'Länner och bereet sinn, fir sech deene Regeln, déi de Conseil de l'Europe festgehalen huet, ënnerwerfen ze wëllen.

Mat deem Gesetz, wat mer haut kréien, ginn déi gesetzlech Normen opgestallt, a mir halen eis ganz wäitgehend un déi Recommendatioun, déi vum Conseil de l'Europe ausgeschafft ginn ass.

Ech wëll hei net méi op d'Detailer vun deem Gesetz zrëckkommen, ech mengen, dat ass double emploi. De Rapporteur huet dat ganz ausféierlech mat allen Detailer gemaach.

Ech wëll just zwee Punkten ervirhiwen:

Engersäits ass dat, dass Lëtzebuerg, wat d'Donen, d'Spenden ugeet, ganz strikt a sengem Gesetz virgesinn huet, dass déi Donë vun Entreprises a vu Personnes morales net méi erlaabt sinn, dass och keng anonym Spende méi kënnen entgéintgehol ginn an dass déi Spende vu Privatpersounen mussen public gemaach ginn.

Een zweete Punkt, dat ass deen, dass d'Parteie selbstverständlech, wa se Hëlfele vum Stat wëlle kréien, eng Kontabilitéit musse féieren. D'Gesetz gesäit dat vir. Fir de Parteien do eng Hëllefstellung ze ginn, hat d'Kommissioun och während zwou Sitzungen een Expert invitéiert, dee Virschléi ënnerbreit huet. Et wär mäi Wonsch, wann d'Parteie sech eens kéinte ginn iwwer eng uniform Kontabilitéit. Wann dat net de Fall sollt sinn, da muss natierlech gekuckt ginn awéiwäit déi Kontabilitéit duerch ee Règlement grand-ducal kéint geregelt ginn. Ech mengen, et wär awer besser, wann d'Parteien ënner sech an engem Konsensus bereet wäeren, fir sech op eng uniform Kontabilitéit ze eenegen.

Här President, d'Gesetz iwwert d'Parteiefinanzéierung mat sengen 20 Artikelen ass ee kuerzt a relativ einfacht Gesetz. Ech mengen, Här President, dass och dee leschten Deputéierten hei am Haus dat géif verstoen, well dat Gesetz wéineg Detailer huet an net an d'Finessé vun deene Finanzéierungsdispositionen ageet, wéi mer dat a verschiddenen Nopeschlänner gesinn. Den Text ass verständlech. Et ass do vläicht, dass een an Zukunft deen Text, wann et noutwendeg wär, méi nuancéiert misst ausdrécken. Dat muss d'Applikatioun, dat muss och d'Erfahrung mat dësem neien Text an Zukunft erweisen.

Zum Schluss wëilt ech nach drop hiweisen, dass meng Partei gär gesinn hätt, wann an deem Gesetz méi staark op d'Formatiounsmissioun vun de Parteien agaange gi wär. Dat war ursprénglech och am Text virgesinn. De Conseil d'État hat et net méi zrëckbehalen.

D'Kommissioun huet sech dorop gëeenegt, well och do Problemer waren, wat dann d'Formatioun wierklech géif bedeuten. Dunn huet d'Kommissioun sech gëeenegt, fir dee Punkt net am Text zrëckzebehalen. Alldéngs och op deem Punkt, mengen ech, muss ee kucke wat d'Erfahrung eis fir d'Zukunft bréngt, an ob et noutwendeg gëtt, fir méi staark och op d'Formatioun vun de Parteien ze pochen, an eventuell wann et noutwendeg wär den Text eng Kéier an deem Sënn ofzeänneren, dass ee gewëssenen Deel vun deenen Hëlfele effektiv misst fir d'Formatioun an der Partei verwennt ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Text ass unanimement an der Kommissioun ugehol ginn. Ech kann dann hei och bestätegen, dass meng Partei den Text wäert stëmmen.

» M. le Président. - Ech soen dem Paul-Henri Meyers Merci. Als nächst Riednerin ass d'Madame Colette Flesch agedroen. Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

» Mme Colette Flesch (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, mir sollen a kënnen dës Debatt an aller Sérénitéit ugoen an an der kloerer Bewosstheet vum Stellwäert vun de Parteien an der parlamentarescher Demokratie. Wéi de Rapporteur et scho gesot huet,

schléisse mir ons heimadder un un eng Evolutioun, déi an de leschte Jorzéngten an Europa bei onsen Nopere stattfonnt huet, a follegen de Recommandatioune vum Conseil de l'Europe am Sënn vum Gläichgewicht vum öffentlichech a privatem Finanzement, vun der Transparenz, déi et mat sech bréngt, dass een domadder och der Korruptioun entgéintwierkt.

Här President, erlaabt mer den Auteure vun der Proposition de loi an dem Rapporteur, dem Hår Alex Bodry, Merci ze soe fir hir grëndlech a wichteg Aarbecht. Dem Hår Bodry wëll ech fir sãin exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport félicitéieren. D'Aarbechten, déi zu dësem Text gefouert hunn, deen ons haut zum Vote virläit, ware wierklech keng kleng Affår an hunn, wéi den Hår Meyers elo just drun ernënnert huet, iwwer 20 Joer gedauert. Ech si frou, dass mer wierklech elo bei dësem Text zu enger Unanimitéit an der Kommissioun konnte kommen. D'Erklärunge vum Hår Bodry hu gewisse wivill Viraarbecht an dësen Text erageflooss ass. Ech wëll dofir net bis an de leschten Detail op alleguerten d'Dispositioun vum Text agoen, wéi en ons virläit, well se jo am Detail hei opgefouert gi si vum Rapporteur.

Wat een ower net oft genuch ervirsträiche kann, dat ass, dass mer hei ouni Zweifel e wichtige Schrëtt fir d'Beliewe vun onser Demokratie maachen. Mir ginn de politesche Formatiounen d'Méiglechkeet sech esou ze outilléieren, dass se an enger schnellieweger Welt mam Bierger kënnen kommunizéieren. Mir ginn de Parteien d'Mëttelen am Concours vun den Iddie korrekt Méiglechkeeten ze hunn, de Leit hire Standpunkt virzedroen.

Ons Demokratie an d'Vertraue vun de Leit an d'Politik gëtt och gestärkt, well mer an Zukunft an aller Transparenz schaffe wäerten. D'Konte vun de Parteie wäerten, nodeems de Premier se zougestallt kritt huet, vun de Leit kënnen agesi ginn hei am Greffe an um Schiirm vun der Chamber. Eemol am Joer ginn d'Konten am Mémorial B publizéiert. D'Cour des Comptes wäert kontrolléieren, ob d'Parteien den Exigence vun där neier Législatioun nokommen.

Mat där Proposition de loi, déi ons hei virläit, garantéiere mer de Parteie finanziell Ressourcen, maache se manner ofhängeg vun Donen a Recetten aus private Mëttelen. Et si keng anonym Donen a keng Donë méi vun den Entreprises zougeloss. Déi Donen, déi iwwer 250 Euro vun enger Persoun an engem Joer un eng Partei gemaach ginn, mussen public gemaach ginn. Dat huet onweigerlech méi eng grouss Transparenz am Finanzement vun de Parteien als Collaire.

Weiderhi kënn et zu enger kloerer Trennung vun de Fraktiouns- a Parteigelder. De Rapporteur huet och schonn drop higewisen. Domadder ass definitiv Schluss mat den Diskussiounen vu wem a wéi eng Partei Sue kritt huet. Domadder ass definitiv Schluss mat den Diskussiounen wien a fir wat méi Moyenen huet. Hei ginn d'Diere wäit opgemaach fir de politeschen Débat an zougeschloe virun deem, wat vum Wesentlechen oflenkt. Mir sollen an deem Kontext och net vergiesse wou mer hierkommen. Bis elo wor et esou, dass d'Grenz tëschent Fraktiounen- a Parteiefinanzéierung net kloer genuch gezu war, wéi - wéi gesot - de Rapporteur et schonn ervirgehuewen huet.

Weiderhi woren d'Parteien ausschliesslech op Donen a Cotisatiounen vun de Memberen a Sympathisanten ugewisen. All Partei konnt Donen unhuelen, sief dat vu Privatpersounen oder Entreprises. Et wor och de Parteie fräi iwwerloss hir Konte public ze maachen oder net.

Mat der Proposition de loi vum Jean Asselborn, déi hien zum Gesetz vum 7. Januar 1999 ginn huet, ass fir d'éischte Kéier e Remboursement partiel vun de Frais de campagnes agefouert ginn. De 27. Januar 2004 hat onse Kolleeg, de Jean-Paul Ripinger, eng Proposition de loi déposiert, déi als Objet hat iwwerhaupt emol d'Missioun vun de politesche Parteien ze definéieren, hire Statut an och hire Finanzement. Déi Initiativ wor deemools och geholl ginn, well bis dato d'Parteien net an onser Verfassung festgeschriwwen woren. Dat hu mer jo elo mam éischte Vote de 5. Dezember vun dësem Joer zum neien Artikel 32bis vun der Verfassung ugefaangen nozehuelen. Mir begrëssen, dass mat dësem heitege Schrëtt de Rôle institutionnel vun de Parteie weider unerkannt gëtt.

Här President, e groussen Défi vun de verschiddene Gremien, déi un dësem Text geschafft hunn, wor dee fir eng absolut Transparenz, wat de Finanzement vun de Parteien ubelaangt, ze garantéieren, ouni ower deeneselwechten deen néidege Spillraum ewechzehuelen, dee se brauchen, fir

ze funktionéieren. «Un compromis entre rigueur et flexibilité» huet de Rapporteur dat genannt.

Et soll eng super Léisung sinn, déi op Lëtzebuerg zougeschnidden ass, an déi net brauch esou wäit ze goe wéi dat däitscht Parteiefinanzéierungsgesetz. Ech kommen nach eng Kéier kuerz dorobber ze schwätzen. Dat Gesetz sollt also en öffentliche Finanzement garantéieren a kloer Limitë setzen, wat dat privat Finanzement ubelaangt. De Rapporteur huet d'Avantagen an d'Désavantagë souwuel vun engem private wéi och vun engem öffentliche Finanzement erläutert.

Dat, wat derbäi erauskomm ass a wat mer elo virleien hunn, kéint ee vläicht eng typesch Lëtzebuurger Léisung nennen: Jo fir den öffentliche Finanzement. Net méi wéi 75% vun de Gesamtreceit vum der zentraler Struktur vun enger Partei. Jo fir de private Finanzement mat strikten Oplagen; dat heescht keng Donë vu Personnes morales an eng kloer Transparenz bei Donen, déi iwwer 250 Euro erausginn. Wann Donë vun enger Persoun an engem Joer iwwer 250 Euro erausginn, da muss dat och impérativement opgefouert gi mam Numm vun där Persoun op der Lëscht vun den Donateuren, déi dem Statsminister mat de Konte vun der Partei iwwergé ginn.

Och ass déi Dispositioun, déi an der Proposition de loi Ripinger stoung, dass d'Donë steierlech kéinten ofgesat ginn, net an dësen Text mat erageflooss. Ech fannen dat eng gutt Saach. De System, dee sech elo an de verschiddenen Diskussiounen erausgeschiet huet, erlaabt et och de Pluralismus vun deene verschiddenen «Courants de pensée» ze ënnerstëtzen.

Och kleng Formatiounen kënnen vun enger öffentliche Ënnerstëtzung profitéieren. Et ass dofir e Seuil vun 2% festgeluecht gi vun de Suffragë bei den National- an Europawahlen. Et ass also net esou, wéi déi kommunistesch Formatiounen wollte gleeven dinn, dass se an d'Abseits gedrängt ginn. Et ass wichteg, dass mer de Leit d'Sécherheet ginn, dass mat den öffentliche Gelder keen Uz bedriwwen gëtt.

Iergendwou muss ee Regele festleeën. Wann zum Beispill d'KPL an Déi Lénk sech geifen zesummendinn, da kéimen déi Parteien och an de Genoss vu staatleche Subventiounen wéi déi Zuelen, déi den Hår Bodry opgefouert huet, ganz kloer beweisen. Dëst Gesetz dréit och vläicht dozou bäi, dass et net zu enger Zersplitterung vun der Parteielandschaft kënn, wat ee geféierleche Prozess ass.

D'Verfassungskommissioun huet de Conseil d'État net suivéiert bei senger Proposition, wat d'Definitioun vun de Parteien ubelaangt, an ass wäitgehendst beim ursprénglechen Text bliwwen. Si huet awer d'Suggestioun vum Conseil d'État ugeholl, fir den Term „groupe“ duerch dee vun „association“ ze ersetzen.

Ech wëilt hei nach eng Kéier mat Nodrock ënnersträichen, wat ech scho bei der Diskussioun zum neien Artikel 32bis vun der Verfassung gesot hunn, à savoir dass dat net heescht, dass d'Parteie sech als A.s.b.l. oder an iergendenger anerer Form constituéiere müssen oder hir Statute müssen änneren, mä dass se och weider ënnert dem Statut vun enger Association de fait bestoe kënnen.

Dat hei ass also ee vun deene wéinege Punkten, wou mer ons als Kommissioun vum Conseil d'État écartéiert hunn, deem seng Proposition de texte mer als Basis fir ons Aarbechte geholl hunn, well mer d'Definitioun vun der Partei aus deem originalen Text bevurzugt hunn.

Bei den Dispositiounen zum Finanzement vun de Parteien ass festgehalde ginn, dass déi Ënnerstëtzung maximal 75% vun hire Gesamtreceit vum der zentraler Struktur vun enger Partei ausmaachen däerf. Mir sinn als Kommissioun also do och net de Remarquë vum Conseil d'État nokomm, deen a sech op de Wee vun der däitscher Législatioun goe wollt, déi virgesäit, dass d'Participatioun vum Stat net méi grouss däerf si wéi d'Eegemëttele vun der Partei. Och wollt de Conseil d'État, dass de Seuil vun den Eegemëttele sech op d'ganz Partei beziit an net nëmmen op d'Zentralstruktur vun der Partei.

D'Verfassungskommissioun huet gemengt, dass déi däitsch Jurisprudenz net op Lëtzebuerg iwwerdroe gi kéint. De Kader, deen an Däitschland geschafe ginn ass, ass einfach een anere wéi deen, dee mir ons ginn. Zum Beispill sinn an Däitschland nach Donë vu Personnes morales erlaabt, wat bei ons jo net de Fall si soll.

De Conseil d'État huet weiderhin och d'Meenung vertrat, dass d'Parteien an Zukunft sollten e Bilan consolidé opstellen,

an deem och d'Konte vun den Ënnergruppéierung vum de Parteien afléisse sollten.

D'Verfassungskommissioun ass och do net mat op dee Wee gaangen, well dat organisationell zu enorme Probleme gefouert hätt. Transparenz soll awer och hei an hirem ganzen Ëmfang spillen an Abusë sollen op allen Niveaue prevenéiert ginn. Dofir sollen d'Sektiounen an aner Entitéite vun de Parteie wéi bis elo e Keessebericht maachen, dee vun der Assemblée générale ofgeseht gëtt nom Rapport vun de Commissaires aux comptes. Dee Keessebericht gëtt dann un d'Zentral vun der Partei geschéckt a gëtt ugehaangen un dee Bilan, deen d'Partei un de Statsminister schéckt.

Och wann d'Verfassungskommissioun de Conseil d'État suivéiert huet, fir an Zukunft d'Reviseurs aux comptes „Commissaires aux comptes“ ze nennen, esou heescht dat net, dass dat mussen professionell Commissaires aux comptes sinn. Dat wär effektiv och ze vill komplizéiert ginn, notament um Niveau vun den eenzelne Sektiounen. Also déi, déi d'Keese kontrolléieren, kënnen weiderhi Leit aus der Partei sinn ouni eng speziell Réviseursformatioun.

D'DP-Fraktioun mengt awer, dass d'Parteie gutt berode wäeren d'Konte vun hirem Zentral enger professioneller Kontabilitéit ze ënnerzéien, fir den Ufuerderunge vun dësem Gesetz gerecht ze ginn a fir sech och selwer virun eventuelle Sanktiounen ze schützen.

Ech wëll mech hei uschléissen un de Wonsch, deen den Hår Paul-Henri Meyers hei virgedroen huet, dass et soll méiglech sinn, hoffen ech, dass d'Parteie sech kënnen op een allgemenge Schema eenegen, deen da fir all Parteien ugewannt gëtt, wat, mengen ech, déi glécklechste Léisung wär, an da bräichte mer och net an deem Zusammenhang op ee Règlement grand-ducal zrëckzegraifen. Aarbechten an deem Zusammenhang si jo och, wéi den Hår Meyers et ënnerstrach huet, schonn amgaangen.

Här President, an der éischter Versioun vun der Proposition de loi war festgehalde ginn, dass d'Parteien 10% vun de Subventiounen, déi se vum Stat kriegen, a politesch Recherche a Formatioun investéiere sollen. De Conseil d'État huet dës Dispositioun am Text gestrach. D'Verfassungskommissioun huet sech där Proposition à l'unanimité ralliiert. D'Fraktioun vun der Demokratescher Partei mengt och, dass et schwierig ass esou eng Dispositioun am Text stoen ze loosser, well een einfach riskéiert konfrontéiert ze si mat Situatiounen, wou een net genee weess wéi deen een oder deen anere Formatioun a Recherche interpretéiert a wéi dat da soll unerkannt ginn.

Ähnlech Dispositiounen a Regelungen, déi d'Europaparlament sech zu engem gewëssene Moment ginn hat, hunn och zu esou Difficultéiten Ulass ginn, dass se duerno gestrach gi sinn.

Här President, mir hunn och bonne note vun deem Bréif geholl, deen den Hår Biltgen an deem Zusammenhang de Parteien am Numm vum Conseil national vun der CSV geschéckt huet. Mir mengen et sollt een hei de Parteie vertrauen an hinnen deen néidege Spillraum loosser. Formatioun a Recherche si wichteg a si ginn am Artikel 1 vun dësem Gesetz explizit opgefouert. All Partei, déi Intérêt drun huet, fir hir Leit, ons Matbirger an dësem Land virunzebréngen, wäert och, ech sinn es iwwerzeegt, deen néidegen Asaz drusetzen, fir dass dat, wat d'CSV sech an dësem Kontext wënscht, och geschitt. Ech hu jiddefalls do Vertrauen an d'Parteien, souguer à l'égard vun der CSV.

» **M. Lucien Clement (CSV).**- Merci, Madame Flesch.

(Brouhaha général)

» **Mme Colette Flesch (DP).**- Hår President, ofschléissend wëilt ech nach soen, dass de Groupe GRECO vum Conseil de l'Europe jo festgestallt huet, dass mer bis elo e gewëssene Retard haten, wat d'Législatioun a puncto Parteiefinanzéierung ubelaangt. De Groupe GRECO huet schonn eng éischt Evaluatioun 2001 gemaach, e war viru kuerzem bei ons - den Hår Meyers huet drun ernënnert - an e wäert ons ufanks 2008 eng Evaluatioun zoukomme loosser, déi schonn op Basis vun deem Text, dee mer haut stëmmen, geschitt ass.

Mir hunn als Kommissioun decidéiert à moyen terme d'Parteiefinanzéierungsgesetz ze évaluéieren. Mir hunn dofir dem Groupe GRECO gesot, dass mer dee Moment seng eventuell Remarquen an déi Evaluatiounen mat afléisse loosser. An der Praxis wäert et sech souwisou weisen, dass mussen op deem Dispositif, dee mer ons elo ginn, vläicht Ännerungen a Verbesserung kommen, déi den Ufuerderungen, deene

mer ons stellen, wa mer dat hei Gesetz stëmmen, standhalen. Dat just gesot, dass mer ons mussen bewosst sinn, dass mat dësem Vote vläicht nach net dat allerlescht Wuert geschwat ass zu enger Lëtzebuurger Gesetzgebung, wat d'Parteiefinanzéierung ubelaangt.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Mir sollen ons awer och bewosst sinn, wa mer dëst Gesetz iwwert d'Parteiefinanzéierung gestëmmt hunn, laut deem de Parteien öffentlech Gelder zoufléissen, dass mer dann als Parteien nach méi eng staark Verplichtung à l'égard vun onse Matbirger hunn. Jiddefalls ass ons Fraktioun frou, dass mer ons alleguerten duerchgerongen hunn, fir ons deem ze conforméieren, wat an anere Länner scho säit méi laang d'Regel ass.

De Sir Winston Churchill huet eng Kéier gesot, dass d'Demokratie déi miserabelst Statsform ass, déi et gëtt ausser allen aneren, déi vun Zäit zu Zäit ausprobiéiert gi sinn. Loosse mir versichen dem Sir Winston fir eng Kéier ze widdersprechen an ze beweisen, dass d'Demokratie wierklech déi beschtméiglech Statsform ass.

Dat gesot, soen ech lech Merci fir d'No-lauschteren a ginn den Accord vun onser Fraktioun zu dëser Proposition de loi.

» **Plusieurs voix.**- Très bien.

» **M. le Président.**- Merci, Madame Vizepresidentin. Den honorabelen Hår Ben Fayot schwätzt fir d'sozialistesche Fraktioun.

» **M. Ben Fayot (LSAP).**- Hår President, mat dëser Proposition de loi, déi mer haut traitéieren an ofstëmmen, komme mer un d'Enn vun enger laanger Evolutioun. Den Ufank dovunner géif ech am Wahlgesetz vun 1919 gesinn, well 1919 hu mer bekanntlech de Scrutin proportionnel de liste agefouert, deen e Wahlsystem vu Majorz- op Kantonalwahl an zwee Tier ersat huet. Mir hunn also e Lëschteproporz amplat vun engem Personalitéitswahlsystem gesat. Deemools - wann Der déi Diskussiounen an der Chamber erëmliet; dass ass eng interessant Lecture, ech recommandéiere se deene Leit, déi sech derfir interesséieren - ass alles gemaach ginn, fir d'Parteien net ze stäerken, ass alles gemaach ginn, fir d'Mësstraue vis-à-vis vun de Parteie grouss ze halen.

An den Ursprung vun deem Wahlsystem mat eben deem gemëschte System, dee mer hunn - Lëschte plus awer Majorzelementer dran -, erkläert menger Usicht no, zum Deel op jidde Fall, firwat dass mer esou laang zu Lëtzebuerg gebraucht hunn, fir d'Parteien net nëmmen an der Verfassung unzuerkennen, mä fir och de Parteien iwwerhaupt den Numm „Partei“ ze ginn - dat ass jo och net evident, dass ass jo eréischt 1999 geschitt - a fir da finalement de Parteien och eng öffentlech Finanzéierung ze ginn.

D'Finanzéiere vun de Groupes parlementaires war jo eigentlech net schwierig. Dat ass jo, c'est passé un peu comme une lettre à la poste. Mä d'Finanzéiere vun de Parteien an d'Aschreiw vum de Parteien an d'Verfassung war eng schwierig Operatioun, déi guer net esou einfach ze realiséiere war. Ech wollt dat hei rappeléieren.

Sécher sinn och nach vu baussen Influenze komm. Et ass gesi ginn, dass de Parteisystem an Däitschland, esou wéi en nom Zweete Weltkrich agefouert ginn ass, déi Demokratie do stabiliséiert huet, dass doduerch d'Zersplitterung vun de politesche Kräfte opgehalde ginn ass an dass sech staark politesch Kräfte erausgebilt hunn, déi eben déi Demokratie do stabiliséiert hunn an dann och natierlech d'Regierung zolidd a stabil gemaach hunn.

Mir hunn also elo - just niewebäi eng Remarque - e puer Texter iwwert d'Parteien an iwwert d'parlamentaresche Gruppen, an ech géif op jidde Fall recommandéieren, dass mer dat nohuelen, wat de Statsrot ons am Fong geholl empéchéiert huet ze maachen. Mir haten déi gutt gemengten Opfaassung, vläicht och e bëssen naïv, dass mer geduecht hunn: Elo maache mer an dat Parteisgesetz do alleguerten déi Saachen, déi mer am Fong geholl de Parteien zoukomme loosser. Mir wollt jo ee Kapitel iwwert d'Fraktiounen dramaachen, mir wollten ee Kapitel iwwert d'Wahlkampfkostenrücker-

stattung maachen a mir wollten ee Kapitel iwwert d'Parteiefinanzéierung maachen. De Statsrot huet jo gesot, dat wär alles Kabes, dat wär superfétatoire. Mir hunn dat also erëm erausgeholl.

Mä ech mengen, mir sollen awer och fir d'Kloerheet vis-à-vis vun de Bierger e Recueil maachen. Dat kann e Recueil de législation sinn oder dat kann e Recueil sinn, dee mir als Chamber maachen, wou all déi Texter dra sinn, fir deene Leit, déi sech dofir interesséieren, dat ze weisen.

Här President, et ass am mëndlechen an am schrëftleche Rapport vum Alex Bodry, deem ech félicitéiere fir seng Aarbecht als Rapporteur, dat meescht gesot ginn. Ech brauch also net méi dorobber zrëckzekommen. Ech wëll just e puer Punkten ervisträichen, déi...

Ech hunn do eng Luucht gesinn ugoen, Här President, wat heescht dat?

(Interruptions)

Well ech respectueux si virun dem Règlement an och virun der Riedezäit, wollt ech froen, firwat déi Luucht u wär.

» M. le Président.- Här Fayot, et ass déi lescht Sitzung, déi mer hunn, an de Mëtteg hu mer relativ gutt Zäit, well mer nëmmen deen heite Punkt um Ordre du jour hunn. Duerfir kann haut de Mëtteg jiddfer Riedner déi Zäit gebrauchen, déi e brauch, fir dee Projet hei ze kommentéieren.

(Brouhaha)

» Une voix.- Soulaang déi Liichtchen do un ass, ass alles gutt.

(Hilarité et interruptions)

» M. Ben Fayot (LSAP).- Ech brauch net extra laang Zäit, awer e bëssen Zäit brauch ech trotzdem.

Ech wollt am Fong geholl soen, dass mer jo mat dësem Finanzéierungsgesetz d'Parteie finanzéieren, fir eng Partie Objektivter ze erfëllen. Ech probéieren emol, déi Objektivter e bësse méi ze preziséieren, wéi se am Gesetz sinn, wëssend selbstverständlech, dass et verschidden Zorte Parteie gëtt.

Ech mengen, den Här Duverger war an iergendengem Rapport zu Éiere komm, deen an de 50er Joren e Standardwierk iwwert d'Parteie gemaach huet, an an deem Wierk, wat jiddferen, deen och op Sciences politiques war, huet misse studéieren, souguer un der Hand vum Här Duverger, do gëtt jo ënnerscheet tëschent Kaderparteien, tëschent Masseparteien, also gutt organisiert Parteien. Ech mengen, wa mer eng Finanzéierung maachen, da sinn all d'Parteie méi oder wéineger, net gezwongen, awer trotzdem moralesch dozou verflicht, fir eng Partie Saachen ze maachen, déi mer jo eigentlech iwwert deen öffentleche Finanzement wëllen. Well mir wëlle jo net hei Institutione schafen, déi nëmmen, loosse mer soen, hir eegen Zëppchen do kachen, mä déi awer eppes maache fir d'Gesellschaft.

Zum Beispill fannen ech, dass et wichteg ass, dass d'Parteie probéiere Leit un d'Politi

tik erunzebréngen, och Leit, déi vläicht net esou natierlech an der Politik dra sinn. Wann ech elo Aarbechterparteien huelen, dat si jo Parteien, déi probéiert hunn, och Leit aus der Aarbechterklass un d'Politik erunzebréngen, déi während enger ganzer Zäit net an der Politik dra waren, während liberal Parteien ebe Kaderparteie waren, notabel Parteien, déi vun Natur aus schonn hir politesch Eliten haten.

Also, eng Funktioun vun enger Partei ass, fir nei Eliten erunzebilden. Natierlech ass och eng aner Funktioun, fir bei der Jugend Leit fir d'Politik ze interesséieren, Leit fir d'Politik ze gewannen. Datselwecht gëllt natierlech och fir d'Gläichheet vu Fra a Mann, dat heescht, och Fraen a méi grousser Zuel un d'Politik erunzezéien, wéi dat bis elo vläicht de Fall war.

Dann hu mer zu Lëtzebuerg eng nei Donnée, dat ass, mir hu vill net Lëtzebuerger Résidenten zu Lëtzebuerg, a mir kënnen déi Gesellschaft hei net funktionéieren doen, wa mer net déi Leit och un d'Politik zu Lëtzebuerg erubréngen. Ech mengen, et muss en Uleies si vun de Parteien alleguerten, fir och an hirer Membership Netlëtzebuerger ze hunn, fir mat de Lëtzebuerger iwwer ons Gesellschaft an iwwer ons Politik ze diskutéieren.

Dat bréngt natierlech Fraisë mat sech, Fraisë vun Traduktioun, vun Interpretatioun. Et bréngt Fraisë mat sech, fir un déi Leit erunzekommen iwwer Publicitéit a soss Aktivitéiten.

Duerch déi Finanzéierung hei - et ass och scho gesot ginn - kënnen mer och d'Parteie méi kloer trenne vun de parlamentaresche Gruppen. D'parlamentaresch Gruppen hunn eng eegen Aktivitéit, an d'Parteien hunn och hir Aktivitéit fir d'Sensibilisatioun vun der Politik.

Si hunn natierlech och d'Flicht, fir zum Beispill hir gewielte Mandatairen ze kontrolléieren. Si sinn am Fong geholl och eng Expressioun vu Leit, vu Bierger, déi net Mandataire sinn an déi déi Mandatairë solle kontrolléieren. Si kënnen sech och vill méi op déi eigentlech politesch Aarbecht konzentréieren, wann et dorëms geet, fir nei Programmer auszeschaffen, fir nei Iddien auszeschaffen. Wa se dee Finanzement hunn, kënnen se natierlech hir politesch Expertise vill besser dévloppéiere mat Hëllef vu Kaderen, déi se entweder ustellen, oder Experten, déi se erunzéien, fir gewësse Gebidder ze behandeln.

Alleguerten déi Saache géif ech ënnert dem Term Formation-recherche bezeichnen, well mer jo och déi Diskussioun haten. Parteien, dat ginn ni Akademien, dat ginn ni Seminären, mä déi Formation-recherche gesinn ech eben am interne Fonctionnement vun de Parteien, fir d'politesch Diskussioun ze förderen.

Sou dass et evident ass, dass d'Parteien net nëmme Wahlmaschine sinn. Et gëtt jo Zorte Parteien, déi sech nëmmen zesummefannen, fir Wahlen ze schloen. Ech mengen, wa mir Parteie finanzéieren, da wëlle mer, dass déi Parteie permanent Strukture ginn: Net nëmmen erwäche wa Wahlen kommen, mä dass se och tëschent de Wahlen permanent politesch Aktivitéiten hunn, fir dann och d'Leit un d'Politik erunzebréngen, fir mat de Leit iwwert d'Politik ze diskutéieren an doduerch natierlech och d'Demokratie ze festegen an ons öffentlech Diskussioun ze förderen. Ech

wollt dat trotzdem soen, well mer e bëssen ëm déi Geschicht vun där Formation-recherche vun deenen 10% do dréie wéi d'Kaz ëm de waarme Bräi.

Ech muss lech soen: Ech war e bëssen enttäuscht. Ech free mech wat beim Conseil d'État d'Iwwerleeung war wéi dee gesot huet: Dat soll een ewechhuelen. Ech hätt et gutt fonnt, wann et elo emol initialement dra gewiescht wier, quitte dass een et herno, wann een och déi ganz Problematik méi kloer gesinn hätt, et erëm hätt kënnen ewechhuelen. Mä et schéngt mer trotzdem wichteg, dass een d'Parteie muss drop hiweisen, dass wa se en öffentleche Finanzement kréien, dann hu se och eng öffentlech Flicht vis-à-vis vun der Politik insgesamt.

Dat bréngt mech och derzou ze soen, dass et net ka sinn, dass zum Beispill eng Partei elo géif higoen an déi kritt deen öffentleche Finanzement a si géif dee schéi gemittlech op d'Säit leeën, op d'Bänk leeën, an da géif se déi Suen eraushuele wann dann d'Wahlen kommen. Dann hätt se e gudde Koup Suen, fir d'Wahlen ze maachen. Dat kann et net sinn, Här President.

Ech ka mer net virstellen, dass dat esou ka funktionéieren. Et muss een also déi Objektivter, déi am Gesetz dra sinn, déi ech probéiert hunn e bëssen ze explizéieren, erfëllen, fir dass wierklech och d'Akzeptanz dobause bei de Leit besteet, dass d'Parteien déi Sue kréien. Well wann d'Parteien zwar vläicht formal richtigeg handeln, mä awer dem Geescht vum Gesetz net entspriechen, dann hu mer näischt geschafft. Dann hu mer och keng Akzeptanz fir d'Parteien insgesamt.

Här President, ech wollt och nach eng kéier kloer ënnersträichen, dass alleguerten d'Parteien heibannen - ech hunn déi Gespréicher jo och jorelaang matgemaach, dofir wollt ech e puer Wuert doriwwer soen - dat ni opgefaasst hunn als eng Aart Self-service, wéi dat anscheinend elo dobause virun der Dier op Pancarten ze liese war.

Déi Parteien, déi hei an der Chamber si respektiv och déi dobause schaffen, ouni an der Chamber ze sinn, sinn alleguerte respektabel. Mä et muss natierlech eng Limite ginn, wou een erlaabt, dass ee Sue vum Stat kritt. Mir kënnen net mat staatleche Suen den Endettement vun de politesche Kräften encouragéieren. Et muss dach scho méiglech sinn, dass Leit sech zesummedinn, fir dann eben an de Genoss vun deenen öffentleche Finanzen ze kommen.

Wann déi sougenannt antikapitalistesche Kräften, déi et jo zu Lëtzebuerg gëtt, kapabel si fir sech zesummedezinn, amplaz dass jiddferee seng eegen Zëppchen a sengem Eck kacht. Wann dat dann esou eng grouss Importenz huet, da misste se jo awer wierklech och am Intérêt vun hiren Iddie kapabel sinn hir Differenzen ze iwwersprangen a sech esou zesummedezinn, dass se dee Finanzement kréien. Ech hunn absolut kee Verständnis fir déi Rësonnementer, déi an deene Milieuen do an där Hisiicht sinn.

Här President, dat waren e puer Remarquen, déi ech wollt zu dësem Gesetz maachen. Nach eng kéier: Ech fannen, dass hei eng exzellent Aarbecht och vun der Institutionskommissioun gemaach ginn ass, vum Rapporteur, vun de Parteien an

hire Kaderen, déi dat hei ausgeschafft hunn. Ech hoffen, dass an der Realisatioun och d'Parteie weider deeselwechte Seriö, déiselwecht Transparenz, déiselwecht Energie un den Dag leeën, fir dass mer d'Parteien dobassen als crédibel an effikass politesch Instrumenter gesinn, fir d'Demokratie an onsem Land weiderzebréngen.

Merci, Här President.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Fayot. Fir déi gréng Fraktioun schwätzt elo den honorabelen Här Braz.

» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).- Merci, Här President. D'Madame Flesch hat an hirer Interventioun opgehale mat enger Stellungnahm zur Demokratie. Mir wollte mat deem Stéchwuert ufänken, fir drun ze erënnern, dass d'Demokratie och eppes ze dinn huet mam Equilibre vun de Pouvoiren a vun den Institutionen.

Fakt ass, an den Här Fayot huet virdrun drun erënnert, dass de Finanzement vun de Fraktiounen méi liicht gaange wär. Mir hunn do als gréng Fraktioun e bëssen eng aner Erënnnung un dee Passage zum Finanzement vun de Fraktiounen. Well Fakt ass, dass bis 1989/1990 eigentlech hei am Land ausser der Regierung - dem Pouvoir exécutif - kaum e Contrepouvoir esou finanziell opgestallt war, dass en tatsächlech konnt säi Rôle assuméieren am Equilibre vun den Institutionen.

Et ass eréischt zënter der Trapebesetzung am Hierscht '89 an deem, wat vun Diskussiounen duerno komm ass, dass et zu enger Opstockung komm ass vun de Moyene vum Parlament. E richtigen Trend. En Trend, deen eiser Meinung no och nach muss weidergoen. Wann ee wëllt d'Regierung - de Pouvoir exécutif - effektiv kënnen kontrolléieren, wat eng vun den éischten Aufgaben ass vun engem Parlament, a wann ee wëllt beispillsweis an engem europäesche Kontext de Rôle vun den nationale Parlamenten, dee jo am neien Traité opgewäert ginn ass, och eschthaft wouerhuelen, da stinn do Missiounen virum Parlament.

Ähnlech verhält et sech mam Rôle vun de Parteien, déi och e Rôle ze spillen hunn am Equilibre tëscht den Institutionen. Mir hunn, wou mer hei den éischte Vote geholl hunn iwwert den neien Artikel 32bis vun der Verfassung, deen d'Partei jo ageschriwwen huet, mengen ech, praktesch all drop higewisen, dass d'Parteien déi Plaz sinn, wou jiddfer Bierger vum Land, ob Lëtzebuerger oder Netlëtzebuerger, tëschent de Wahlen e Lien kann herstellen tëschent de Gewielten an deene Leit, déi wielen oder déi wëlle matschwätzen. D'Parteien hunn also en eminent wichtige Rôle, och wa se keng Institution sinn. Mä si hunn awer am Zesummespill vun den Institutionen e Rôle ze spillen als Lien zu de Wielerinnen a Wieler an och als permanenten Input respektiv interne Contrôle vun deene Leit, déi ebe bei de Wahlen gewielt gi sinn.

Et ass also eiser Meinung no nëmme richtig, wann een de Rôle vun de Parteien och mat enger grousser Verspéidung op aner Länner, ähnlich wéi et bei de Fraktiounen war, hei zu Lëtzebuerg elo endlech op en anerem Niveau hieft, an domadder och sécherstellt, dass et net nëmmen de Regierungen hire groussen Apparat hei zu



Chambre
des Députés
L U X E M B O U R G

Chamber TV

weist all öffentlech Sëtzung
live an integral

An der Gemeng Bartreng <i>um Kanal S40 / 455.25 Mhz</i>	Zu Esch-Sauer <i>um Kanal S40 / 455.25 Mhz</i>
.	.
Zu Beetebuerg <i>um Kanal S40 / 455.25 Mhz</i>	Zu Nidder- an Uewerfeelen <i>um Kanal S40 / 455.25 Mhz</i>
.	.
Zu Walfer <i>um Kanal S29 / 367.25 Mhz</i>	An der Gemeng Gréiwemaacher <i>um Kanal S40 / 455.25 Mhz</i>
.	.
Zu Biwer an zu Wecker <i>um Kanal S40 / 455.25 Mhz</i>	.
.	An der Gemeng Hieffenech <i>um Kanal S40 / 455.25 Mhz</i>
An der Gemeng Bous <i>um Kanal S40 / 455.25 Mhz</i>	.
.	An der Gemeng Hesper <i>um Kanal S40 / 455.25 Mhz</i>
An der Gemeng Bërmereng <i>um Kanal S40 / 455.25 Mhz</i>	.
.	Zu Kielen (& Brameschaff), Keespelt, Meespelt, Ollem an Nouspelt <i>um Kanal S40 / 455.25 Mhz</i>
An der Gemeng Konter <i>um Kanal S40 / 455.25 Mhz</i>	.
.	An der Gemeng Mamer <i>um Kanal S40 / 455.25 Mhz</i>
An der Gemeng Dippech <i>um Kanal S40 / 455.25 Mhz</i>	.
.	An der Gemeng Manternach <i>um Kanal S40 / 455.25 Mhz</i>
An der Gemeng Dikrech <i>um Kanal S19 / 287.25 Mhz</i>	.
.	An der Gemeng Medernach <i>um Kanal S40 / 455.25 Mhz</i>
Zu Iermsdref <i>um Kanal S40 / 455.25 Mhz</i>	

Lëtzebuerg gëtt, mä dass och anerer kënnen elo am politesche Liewen - am politeschen Alldag - e Rôle spillen, deen, wann och nach ëmmer net gläichberechtegt - elo dach zumindest -, an engem besseren Equilibre ka stattfannen.

Ech wëll och dem Här Bodry Merci soen am Numm vun der grénger Fraktioun, deen net nëmmen an der Kommissioun selwer villes bäigesteiert huet, fir zu engem gudden Text ze kommen, dee sech och vill beméit huet an der Kommissioun, an deen och e ganz gudde schréftlechen a mëndleche Rapport hei presentéiert huet. Dofir nach eng Kéier eise Merci.

Ech wëll also drun erënneren, dass ee vun de Buté vun deem Gesetz, wou den Här Bodry Rapporteur elo war, och ass, fir den Equilibre tëscht den eenzelne Parteien sécherzestellen. Déi Leit, déi sech wëllen domadder méi am Detail beschäftegen, kënnen sech duerchaus de schréftleche Rapport méi genoe ukucken. Et ass kloer, dass Privatfinanzementer, déi et jo nach ëmmer gouf, natierlech éischer un déi politesch Gruppéierung ginn, déi eng Aussicht hunn oder méi Aussicht hunn un der Participatioun vum politesche Pouvoir. Dat ass kloer. Dat ass also eng Form vun Distorsioun, déi iwwert dat erausgeet, wat d'Wieler bei de Wahlen décidéiert haten.

Do kënnst dann nach en zweet Element derbäi, wat de Match tëschent de Parteien méi ongläich erschéngen léisst. Et ass och kloer, dass déi Moraliséierung mat dësem Gesetz antrëtt. Iwwregens eng Moraliséierung, déi fir d'Zukunft ass. Dëst Gesetz setzt elo nei Regele fest, déi solle gëlle fir d'Zukunft. Dëst Gesetz geet awer net an d'Vergangenheet wullen a kucke wat do war, wat do d'Praxis war, wat do eventuell Realitéit war. Mir kucken no vir mat dësem Gesetz. Mir kucken net bei dat, wat war.

Déi Moraliséierung ass och noutwendeg, well et kloer ass, dass déi Leit, déi déi Doné maachen, déi bis elo scho vu Privatpersounen oder och vu Personnes morales, a vläicht där nach méi oft wéi déi vu private Personnes physiques, natierlech ganz oft interesséiert waren. Déi hunn net nëmme gependt aus politescher Iwwerzeegung. Déi hunn domadder och eng Erwaardung verbonnen. Haut soe mer et alleguerten.

Ech ka mech och erënneren, dass dat net soulaang zrëckläit, dass een, wann een esou ee Saz gesot huet, virgeworf kritt huet, et géif een Ënnerstellunge maachen. Et ass awer haut kloer, dass een dat offe ka soen. Wann ee sech mat den Dokumenter vum Conseil de l'Europe ausenaner setzt, déi bewiesen dat jo och, dass natierlech déi Donen net ouni eegenen Intérêt sinn oder zumindest ouni Erwaardungen un eegen Intérête verbonne waren. Datselwecht gouf et bei den Doné vu Privatpersounen, wa se e bestëmmtene Montant iwwerschrott hunn. Dat ass wuel sécher net de Fall bei normale klenge Bäiträg, mä wann awer Privatleit do ganz substanzieel Montanten engagéiert hunn, da konnt een och ni sécher sinn, ob dat nëmmen Iwwerzeegung war, déi sech do artikuléiert huet, oder ob net verstoppten Erwaardunge mat am Spill waren.

Ee Punkt ass fir eis bei dësem Gesetz ganz wichteg, nämlech deen, dass, wann et elo öffentlech Sue gëtt, wann also d'Allgemengheet sech hir Demokratie um Beispill vun de Parteien eppes kaschte léisst, dann d'Parteien en contrepartie och dofir bestëmmten Obligatiounen akzeptéiere mussen.

Déi éischt Obligatioun ass eng, déi mir Gréng zënter Joren öffentlech praktizéieren, als eenzeg Partei am Land! Mir hunn zënter Jore bei der Generalversammlung all Joer eis Konten integral op den Dësch geluecht, mat de Montanten, y compris d'Nimm vun deene Leit, déi der Partei eppes zoukomme gelooss hunn. Dat hu mer och der Press an de Grapp gedréckt, well mer nach ëmmer der Meinung waren, dass déi demokratesch Öffentlechkeet en Urecht drop huet, ze wëssen, wéi dat finanziellt Liewe vun de Parteien ausgesäit.

Dofir hu mir mat dëser Dispositioun, déi elo am Gesetz ageschriww e gëtt, kee Problem. Ganz am Géigendeel, mir fillen eis domadder bestätegt fir alles dat, wat mer während Jore scho praktizéiert hunn, nämlech déi Transparenz. Dat hale mir och wierklech fir déi noutwendeg Contrepartie fir dat öffentlecht Finanzement. Wa mer Sue vun der Allgemengheet kréien, fir politesch Aarbecht an de Parteien ze maachen, da muss et och esou sinn, dass een als Partei eng integral Transparenz gëlle léisst.

Dat hale mir dofir fir richtig, an dofir däerfen et och keng anonym Doné ginn. Och dat steet am Gesetz. Dofir hale mir et och fir richtig, dass d'Personnes morales, also Firmaen, keng Doné méi sollen dierfe maachen, mä dass et kloer ass, dass déi integral Transparenz och e Stéck Verzicht

beinhalt an dass d'Leit also wëssen, wiem déi Parteien Recheschaf schëlleg sinn, nämlech hire Memberen an der Allgemengheet, an net eventuell engem Drëtten, deen een net kennt, dee kee Gesiicht huet, dee keen Numm huet a wou een net weess, wat do d'Erwaardungen an d'Contrepartie vun der Partei eventuell wären.

Mir hunn eis bei den Diskussiounen drop verstännegt, fir net op de Wee ze goen, fir eng Kontroll vun de Parteien selwer ze maachen. Wuel vun hirem Finanzgebaren. Mä mir hunn no ufänglechen Iwwerleeungen eis am Konsens dorobber fonnt, fir net nom däitsche Modell sech mam Banne-liewe vun der Partei ze beschäftegen, be-spillsweis d'Verfassungsméissegkeet vun enger Partei wëllen ze iwwerpräiwen, well mer och gesinn hunn, dass dat an Däitschland an der Theorie gutt ausgesinn huet, mä dass se an der Praxis massiv Problemer hate bei der Ëmsetzung vun deem Gesetz a se eigentlech bal méi oft sech Problemer bei der Applikatioun vun deem Gesetz geschaf hunn, wéi se der geléist hunn.

Mir hunn eigentlech gesot, mir beschränken eis hei op reng formal Kritären, déi mat de Wahlen ze dinn hunn. Mir wëllen awer als gréng Fraktioun op een Artikel hiweisen, oder op méi Artikelen hiweisen, wou mer mengen, dass et nawell awer kéint Interpretatiounen herno ginn. Iwwregens wäerte mer mat Sécherheet op dat Gesetz - dat hunn och d'Virriedner scho gesot - am nächste Joer oder an zwee Joer eng Kéier missen zrëckkommen. Mir betriede jo hei fir Lëtzebuerg Neiland mat deem Text, an egal wéi gutt de Wëlle bei jiddferengem ass, et huet ee bestëmmt eppes iwwersinn oder vergiess och falsch kalibriert, esou dass mer mat Sécherheet wäerten a relativ kuerzer Zäit nach eng Kéier missen iwwert deen Text do kucken.

Vläicht wäerte mer dann och iwwert déi Arti-kele schwätzen, déi ech hei wëll erwähnen. Beispillsweis am Artikel 1, wa mer do be-schreiwen, wat e Parti politique ass. Wann Der d'Definitioun am Artikel 1 liest, da gesitt Der, dass do steet, «parti politique, association...» an esou weider, «qui participe à l'expression du suffrage universel et de la volonté populaire de la manière définie dans ses statuts ou son programme».

Dat kéint esou wäit goen, dass et Contes-tatioune gëtt beim Statministère vu Leit, déi soen: Déi dote Partei huet déi dote Suen net zegutt, well se bei der Opstellung vun de Lëschte sech un hir eege Statuten net gehalen huet!

Wuel hu mir mat dësem Gesetz keng Kom-petenz geschaf, fir sech mat de Statuten ze beschäftegen, wéi déi sinn, ob se konform sinn zu der Verfassung oder net. Par contre kéint een duerch d'Definitioun, déi mer vum Parti politique ginn, soulevéieren, dass déi Partei hir eege Statuten net konform appli-zéiert hätt, an dat kéint, esou wéi mer am Artikel 1 Parteien definéiert hunn, zu Con-tes-tatioune féieren.

Net anescht ass et am Artikel 4 an am Artikel 6, wou och op d'Partei verwise gëtt a wou aus där doter Logik eraus et kéint zu Contestatioune kommen, wou dann de Statministère sech misst eventuell mat deene Froe beschäftegen. Dat wär dann net dat, wat mer wëlles gehat hätten. Mä méiglecherweis, wa mer an engem oder an zwee oder dräi Joer de Bilan musse maachen, ass dat vläicht en Artikel, dee mer nach eng Kéier misste kucken, wann deen esou géif interpretéiert ginn.

Sinn elo mat dësem Gesetz all d'Problemer geléist?

» Une voix.- Neen.

» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).- Wahr-scheinlech net, well et kann een natierlech ëmmer fuddelen. Wann een e Gesetz mécht a seet, esou sollen d'Regele sinn, do kann et ëmmer nees Leit ginn, déi tentéiert wären, déi Dispositiounen do ze ëmgoen. An dach si mer e gutt Stéck méi wäit komm, well alles dat, wat bis elo doduerch legal war, well et keng Regele gouf, riskéiert elo zumindest eng Sanktioun ze kréien. Dat eleng ass schonn e grouse Fortschrëtt.

Wuel kënnen nach vläicht Leit probéieren, laanscht déi Dispositiounen ze kommen, d'Gesetz also wëllen ze ënnerlafen, mä wa se dobäi erwëscht ginn, riskéiere se eng Sanktioun. An dat eleng, de Risiko vun der Sanktioun, d'Possibilitéit vun der Sanktioun, ass an eisen Aen en däitleche Fortschrëtt par rapport zu enger Situatioun, wéi mer se elo hunn, wou doduerch näischt konnt kritiséiert a bemängelt ginn, well eben näischt verbue-den an domadder och alles erlaabt war, wat jiddferee fir sech richtig a gutt fonnt huet.

Mir wäerten also dëst Gesetz och als gréng Fraktioun stëmmen,...

» Une voix.- Aaaaa!

» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).- ...ver-weisen och nach eng Kéier drop, dass mer mengen, dass mer - a méi kuerzer Zäit wéi d'Kollegen, och Virriedner et scho gesot hunn - eis nach eng Kéier mat deem Text vläicht wäerte misse beschäftegen, fir iwwer eenzel Artikelen ze schwätzen.

Zum Beispill och iwwert den Artikel 8. Bei den Avantages en nature gëtt et eng ganz Partie Diskussiounen, déi sech ronderëm d'Wahle stellen, wann déi eng do privi-légiert Konditioune kréie fir dës Dréckerei-aarbecht oder fir déi dote Publikatiouns-aarbechten. Den Artikel 8, esou wéi en elo formuléiert ass, erlaabt do eng restriktiv Interpretatioun vun deenen Avantages en nature, déi ee ka kréien, an dat wäert och ee vun den Arti-kele ginn, déi méiglecher-weis an Zukunft wäerten zu méi pole-meschen Interpretatioune féieren.

Eng lescht Remarque, déi mer wollte maachen, fir ze soen, dass am Gesetz vun '99, wat mer hunn, dat de Remboursement vun engem Deel vun de Wahlkampfkäschte beschreift, e Seuil bei 5% vun de Stëmme festgeschriwwen ass. Mir mengen, dass, wa mer elo op de Wee gi bei der Parteiefin-an-zéierung, eis um Seuil vun 2% ze orien-téieren, wat e Kompromëss war an der Kommissioun, een och nach eng Kéier misst iwwert dat 99er Gesetz kucken, well zwee verschidden, ënnerschiddlech Seulen ze hunn - 2% fir d'Parteiefin-an-zéierung, 5% fir d'Wahlkampfkäschte-réckerstattung, wat eppes ass, wat d'Parteien och maachen -, dat ass eiser Meinung no net dat lescht Wuert. Mir mengen also, mir missten eis och nach eng Kéier mam 99er Gesetz beschäftegen, fir eventuell och do de Seuil vu 5 op 2% er-ofsetzen an domadder unzepassen un dat Gesetz, wat mer haut stëmmen.

Mat där leschter Remarque do bréngen ech dann d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun a soen lech Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Braz. Den honorabelen Här Gibéryen huet d'Wuert elo.

» M. Gast Gibéryen (ADR).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och vun eiser Säit aus e Merci un de Kolleeg Alex Bodry. Dat heite war, wann een dat éierlech gesäit, keen einfache Projet. Et huet misse vill diskutéiert ginn. Den Alex Bodry huet als Rapporteur eng ganz gutt Aarbecht gemaach. En huet vill recher-chéiert an en huet och, wann een de Rapport gesäit, vill zesummege droen, wat als Basis fir dat ganzt Gesetz soll déngen. Duerfir Merci vun eis fir säi Rapport, deen net nëmme kloer, mä deen och doriwwer eraus komplett war.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een als fënnefte Riedner drukënt zu engem Projet de loi, wou mer eis alleguer eens sinn, dann ass et schwéier fir nach vill Neies ze erfannen, virun allem dann, wann de Rapport esou komplett war. Ech wëll just vun eiser Säit aus duerfir e puer prinzipiell Iwwerleeunge maachen.

Dat ass iwwert d'Roll vun de Parteien, déi an enger parlamentarescher Demokratie eng wichteg Roll ze spillen hunn, an dat et duerfir och am Intérêt vun enger Demokratie ass, wa mer deene Parteien dann déi Méig-lechkeete ginn, fir där Roll och kënnen gerecht ze ginn. Dat ass hei zu Lëtzebuerg, géif ech soen, iwwer Jorzéngten diskutéiert ginn an et ass ganz lues virugaangen am Fong, datt d'Parteien eng Ënnerstëtzung krute fir hir Wahlcampagnen, déi se préfi-nanzéiert hunn. Et war méi eng Récker-stattung vun de Wahlcampagnékäschten.

D'Fraktioun sinn an enger anerer Etapp verstärkt ginn, mä d'Parteien, déi am Fong de Kär vum politesche Liewe sinn, hunn am Fong missen an enger gewëssener Of-hängegkeet liewen. Mir hu wuel hei zu Lët-zebuerg Parteien, wou déi eng méi, déi aner manner staark sinn, wat d'Memberen ube-laangt. Mä mer wëssen awer alleguer, datt een opgrond vu Cotisatiounen, déi d'Leit a politesch Parteien erabezuelen, keng - wéi soll ech soen - grouss Spréng ka maachen an eng Partei net eleng opgrond vu Cotisa-tiounen hire Flichte ka gerecht ginn.

Ee weidere Punkt, deen d'Parteien ëmmer als Recetten haten, dat war wat hir Man-datairen, déi politesch Mandater haten, un d'Parteien ofginn hunn.

Da war natierlech en drëtte Volet. Dat war dee vun de Spenden. Dat ass och hei virdu scho gesot ginn. Déi verschidde Parteien: Déi eng hu méi kritt, déi aner hu manner kritt, mä et war keng gutt Situatioun. Do si mer eis alleguer eens.

Mat dësem Gesetz schafe mer elo effektiv déi Transparenz. Mäi Kolleeg Robert Mehlen huet schonn am Januar '98 hei eng

Proposition de loi gemaach iwwert d'Par-teiefinanzéierung. De Jean Asselborn huet och eng gemaach iwwert d'Reckerstattung vun de Wahlcampagnen. An de Jean-Paul Rippinger huet 2004 nach eng gemaach. Ech géif soen, an dësem Gesetz si vun deem engen a vun deem aneren Iddien iwwerholl ginn, an et sinn eng ganz Rei vun neien Iwwerleeungen, déi mat eragefloss sinn.

Fir eis war et deemools scho wichteg, datt mer hei géifen higoen an eben d'Donen, déi aus de Betriber kommen, déi vu Lobbyiste kommen, oder anonym Donen, misste ver-bidden. Et war och relativ séier eng Ee-stëmmegkeet ënnert de Parteien alleguer festzustellen, fir grad dat doten ze maachen, well mer einfach gesot hunn: Wa mer als Parteien gäre Gelder hätte vum Stat - also Steiergelder -, da muss de Corollaire engersäits sinn, datt Donen, anonym oder aus der Wirtschaft, vu Betriber, verbuede ginn.

An deen zweete Corollaire war, datt dann eben awer och missten d'Parteien eng Kontabilitéit féieren, déi kloer ass an an déi een Asiicht géif kréien, an datt am Fong och all Bierger d'Recht kritt fir ze wëssen, wéi d'Parteien hir Sue kréien a wat se mat deene Sue maachen. Duerfir musse mer och Bilane maachen, wou mer ons jo och eens si ginn, datt mer versichen een eenheetleche Bilan fir all Parteien ze maachen. Wa mer alleguer eis Kontabilitéiten d'selwecht maachen, kann herno d'Cour des Comptes och méi einfach de Contrôle vun den eenzelne Parteien maachen.

E wichtege Punkt, mengen ech, ass - et ass och schonn ugeschwat ginn - d'Formatioun an d'Recherche. Mat dësem Gesetz kënnst och eng nei Dynamik an d'Parteien, well d'Parteien hei aner Moyene kréien. De Kolleeg Fayot huet an de Sitzungen e puermol gesot, datt mer net däerfen op déi aktuell Situatioun iwwerleeën. Mä duerch déi heite finanziell Moyene wäerten d'Par-teie sech aneschters entwéckelen. Do ass et virun allem och wichteg an et huet och all Partei en Intérêt drun, fir souwuel an d'Formatioun vu senge Leit wéi an d'Re-cherche ze investéieren, fir eben och do mat neien Iddien opzekommen.

A virun allem - an dat schéngt mer of-schléissend, Här President, ganz wichteg ze sinn -, datt d'Parteien och elo en neit Géigegewicht si vis-à-vis vun hire Frak-tiounen zum Beispill. Well loosse mer eis näischt virmaachen, d'Fraktiounen hu ganz dacks an de Parteien eng wichteg Roll ge-spillt, well se professionell organiséiert waren, well se déi finanziell Moyenen haten, a ganz dacks jo - do verrode mer keng Ge-heimnisser - an de Fraktiounen e groussen Deel vun de Parteiaarbechte matgemaach ginn ass, an d'Parteien am Fong net déi Autonomie an och déi Moyene vis-à-vis vun enger Fraktioun haten, déi se am Fong missten hunn.

Duerch dëst Gesetz kréien d'Parteien also och elo eng verstärkte Roll ze spillen an hiren interne Strukturen: Partei-Relatioun-Fraktioun. An ech géif mengen, och ins-gesamt ginn d'Parteien heiduerjer méi staark vis-à-vis vun enger Regierung, well d'Parteien eben och elo d'Moyene kréien, esou wéi d'Fraktioun se schonn hunn, fir selwer kënnen méi op den Dossieren ze schaffen, méi Iddien ze entwéckelen an der Recherche an an der Formatioun. Esou datt ech géif mengen, insgesamt gesinn no der Finanzéierung vun der Wahlkampf-réckerstattung, no der Finanzéierung vun de Fraktiounen, elo vun de Parteien, datt dat Ganzt am Fong nëmme kann derzou bäidroen fir eis Demokratie ze stäerken. An deem Sënn wäert och eis Partei dësem Gesetz zoustëmmen.

» M. le Président.- Merci, Här Gibéryen. Als leschte Riedner ass den honorabelen Här Jaerling ageschriwwen. Här Jaerling, d'Tribün ass fir lech.

» M. Aly Jaerling (Indépendant).- Merci, Här President, och dem Här Rap-porteur. Merci fir säin explizite Rapport. Hien huet gesot, dat Gesetz hei wär on-populär. Mä wéi ech awer elo esou héieren hunn, heibannen awer bestëmmt net, well Dir kritt jo awer all eppes.

Fir Transparenz an d'Wahlgeschäfte an an d'Parteiefinanzéierung ze bréngen, ass

esou ee Gesetz wéi dat heiten awer onëmgängelech. Ech mengen, do kann een dermat d'accord sinn. Wann ech awer héieren, datt da vum Conseil aus esou Rumeurë kéimen, wéi wann dat wier, fir d'Korruptioun ze ënnerbannen; da maachen ech mer awer meng Gedanken. Awer dach net hei am Land! Hei gëtt et dach esou eppes net. Ech hat ëmmer gemengt, datt all Betriber aus purem Idealismus géife spenden an net mat Hannergedanken.

Fir mech ass dat Gesetz, wat hei virläit, awer trotzdeem net demokratesch. Et hëlt och net Rücksicht genuch op déi Parteielandschaft, esou wéi se sech haut hei presentéiert. D'Gesetz seet, datt Parteien, déi eng effektiv politesch Aktivitéit virweise kënnen, Urecht op Parteifinanzéierung hunn, wa se an alle Bezierker, an awer och bei den Europawahle komplett Lëschte presentéieren. Bon, där Partei ginn et menger Usiicht no siwen hei am Land, déi dës Bedingunge kéinten erfëllen.

D'Gesetz hei gesäit och vir, datt d'Parteien, déi déi virzitéiert Konditiounen erfëllen, och nach mussen en Duerchschnëtt vun 2% bei de Wahlen errechen. Do ware bestëmmt eng Rei Mathematikgrimmelfritzen aus den etabléierte Parteien um Wierk, fir op esou ee Prozentsaz ze kommen, well egal wéi dat zustane koom, et ass op jidde Fall net demokratesch.

Menger Usiicht no wär et méi richteg an demokratesch gewiescht deene Parteien, déi Lëschten an alle Bezierker bei de Landeswahlen an Europawahle kënnen presentéieren, d'office e Sockelbetrag zouzegestoen, well se jo awer schonn eng Konditioun erfëllen, déi net einfach ze erreechen ass, an dann duerno eréischt mat engem prozentuelle Bäitrag de Wahlerfolleg, deemno wéi en ass, ze belounen. Dat wier och méi gerecht gewiescht am Sënn vun der Chancëgläichheet, déi hei ëmmer esou vill ervirgehewe gëtt.

Duerfir, Här President, och wann ech d'accord sinn, datt et eng Parteiefinanzéierung gëtt, an ech och alle Parteien dëst vergonnen, kann ech weinst deene virzitéierten Argumenter dëst Gesetz net stëmmen. Mä ech menge jo awer, Dir braucht mech och net, fir lech haut hei Äre Chrëschtcadeau kënnen ze maachen.

Ofschléissend nach e fromme Wonsch fir Chrëschttag. Nodeem datt mer elo d'Parteien an der Verfassung hunn, an och de Partei staatlech Sue ginn, wär et och esou lues un der Zäit eng kéier un d'Gewerkschaft ze denken, déi fir mech gradesou wichtig - wann net méi wichtig - si wéi d'Parteien, fir déi och emol staatlech ze ënnerstëtzen. An deem Sënn wënschen ech lech schéi Feierdeeg.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Jaerling. Domadder ass d'Debatt ofgeschloss. Mir kommen elo zum Vote vun dëser Proposition de loi.

Vote sur l'ensemble de la proposition de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Proposition de loi 5700 ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen, bei enger Nee-Stëmm.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel (par M. Norbert Hauptert), Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul

Helminge (par M. Xavier Bettel), Alexandre Kriepe, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Jacques-Yves Henckes) et Robert Mehlen.

A voté non: M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn nach ee leschte Punkt op eisem Ordre du jour. Dat ass d'Motioun, déi vum honorabelen Här Adam déposéiert ginn ass iwwert den Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.



5. Motion de M. Claude Adam relative aux moyens financiers de l'Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand (ORK)

» **M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Mir hunn an der Familljekommissionn schonn öfters, éischstens d'Leit vum Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand invitéiert gehat. Mir hunn öfters mat hinnen iwwert de Rapport diskutéiert an öfters hiren Doléancen nogelauschert. Dat huet eis als gréng Fraktioun derzou beweegt, fir déi Motioun hei eranzebréngen, andeems mer net méi an net manner froe wéi e substanzieelt Eropsetze vun de Finanzmoyene vum ORK, an dat esou schnell wéi méiglech.

Mir haten och an der Kommission iwwert de Statut geschwat vum Ombudscomité. All politesch Partei hat och dozou Stellung geholl. Do ware mer eis net alleguerten an allem eens. Duerfir hu mer och den Ombudscomité an d'Kommission invitéiert, fir nach eng kéier mat hinnen en Austausch ze kréien. Mir waren eis awer, wann ech de Résumé kucke vun de Stellungnahmen, praktesch alleguerten eens, datt den Ombudscomité soll onofhängeg kënnen schaffen. Onofhängeg schaffen, heescht finanziell Moyenen hunn. Duerfir si mer och net glécklech mat deem Bréif, deen elo un den Ombutscomité gaangen ass, wou drasteet - et ass zitéiert aus dem Gesetz vum 22. Juli: «Le secrétariat de l'ORK est assuré par des fonctionnaires et employés de l'État. Ils ne peuvent pas être membres de l'ORK. Ces personnes peuvent être détachées de l'administration gouvernementale.»

Mir mengen, datt et net e gléckleche Wee ass fir den Ombudscomité d'hinneer ze bréngen, datt en all kéiers muss Hëllef froe bei deem engen oder anere Ministère. Mir sinn der Meenung, datt den Ombudscomité soll Moyene kréien, fir sech selwer déi Besoine kënnen ze leeschten, déi e brauch, ënner anerem e juristesche Bäistand.

Duerfir wär et ganz flott, wann Der géift eis Motioun mat ënnerstëtzen a mat droen.

Merci.

» **M. le Président.** - Freet nach een d'Wuert?

Den Här Bettel huet d'Wuert.

» **M. Xavier Bettel (DP).** - Här President, mir ënnerstëtzen d'Motioun vun deene Grénge. Ech mengen, mir hunn och an der Familljekommissionn eng Diskussioun iwwert de Statut vum Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand gehat, an déi meescht Partei ware jo der Meenung, dass een an déi Richtung soll goen; ausser der CSV, déi jo gesot huet, et misst nach en Temps de réflexion virgesi ginn.

Mir géife gären déi Motioun ënnerstëtzen. Mir wollten awer just froen, wann déi gréng Fraktioun domadder averstanen ass, «à renforcer de façon substantielle les moyens financiers de l'ORK dans le prochain exercice prévisionnel du budget et des recettes de l'État pour garantir l'indépendance» vum ORK. Dat hätte mer gären dran. Well dat ass dat, wat wichtig ass. Well mat deem, wat och elo argumentéiert gëtt vun der CSV, dass Fonctionnaire sollen delegéiert ginn, ass och nach ëmmer keng Indépendance garantiert. Dowéinst fanne mir, wa mer dat à jour kéinte setzen, datt d'Motioun wierklech tipptopp wär.

Merci.

» **M. le Président.** - D'Madame Frank huet d'Wuert.

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

d'Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic Communication SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

» **Mme Marie-Josée Frank (CSV).** - Här President, mir hunn an der Kommission ofgemaach, datt mer am Februar d'Madame Rodesch bei eis an d'Kommission invitéieren a mat hir schwätzen iwwert d'eventuell Reform vum Statut. Duerfir ass et net sënnvoll, fir haut dës Motioun ze stëmmen.

(Interruption)

» **M. le Président.** - Dir Dammen an Dir Hären, d'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Ass de Vote électronique verlaangt?

(Assentiment)

Vote

D'Motioun ass ofgelehnt mat 37 Nee-Stëmmen, bei 22 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminge (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Kriepe, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel (par Mme Martine Stein-Mergen) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz.



6. Discours de fin d'année de M. le Président Lucien Weiler

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir sinn elo um Enn ukomm vun där leschter öffentlecher Sitzung vun dësem Joer.

D'Joer, wat elo zu Enn geet, war, contrairement zu deem, wat eenzel Observateure gemengt hunn oder och nach mengen, ee séier aarbechtsintensivt Joer fir d'Chamber, fir d'Deputéierten, mä och fir d'Verwaltung. Ech denken, et gëtt eng Ziffer, déi fir sech selwer schwätzt an déi d'Envergure vun eiser Aarbecht unnähernd ermoosse léisst. Dat ass d'Zuel 588.

Tëschent dem 1. Januar an haut sinn d'parlamentaresch Kommissionne 588-mol zesummekomm, fir d'legislativ Aarbecht ze diskutéieren, ze analyséieren, ze amendéieren an domadder fir déi öffentlech Sitzungen ze preparéieren. Et sinn an dëse 588 Kommissionssitzungen 98 Gesetzesprojeten analyséiert ginn an net manner wéi iwwer 100 Amendementen zu de Projekte vun den Deputéierte proposéiert ginn.

Mä niewent där klassescher legislativer Aarbecht huet d'Chamber sech och am Kader vun enger ganzer Rei vun Aktualitéitsstonnen an Orientéierungsdebatte mat deenen Theme beschäftigt, déi d'Gesellschaft an déi d'Mënschen dobaussen am Land bewegen. Am Kader vun esou Debatte si mer de Froen nogaangen am Zesummenhang mam Chômage hei zu Lëtzebuerg, mat der Sécherheet am Land. Mir hu Froen, déi sech stellen am Zesummenhang mam Prisong zu Schraasseg, mir hunn d'Problemer am Beräich vun der Prostitutioun, dem Suicide, de Glécksspiller diskutéiert, no Ursachen an no Léisunge gesicht.

D'Europäesch Unioun an den Europäeschen Traité stounge regelméisseg op dem Agenda vun eisem Parlament. D'Regierung ass net manner wéi 8-mol vun den Deputéierten interpelléiert ginn iwwert déi verschiddenaartegst Sujeten: d'Aarmut hei zu Lëtzebuerg, d'Familljepolitik, d'Ëmweltproblematik, d'öffentlech Sécherheet an esou weider.

Mä d'Chamber huet awer och hir international Relatiounen intensiv gefleegt. Net duerch - an ech wëll dat ënnersträichen - exzessiv vill Visiten am Ausland, mä duerch den Empfang vun net manner wéi 30 Delegatiounen vun auslännesche Parlamentarier. Och duerch den Empfang vu Premierministernen, Ausseministernen a Parlamentspresidenten aus der ganzer Welt.

D'Benelux-Parlament krut dëst Joer 50 Joer. En halleft Jorhonnert Kooperatioun, Consultatioun a Versteesdemech tëschent dräi Nopeschnatiounen gouf mat enger Séance académique gefeiert.

Mä d'Chamber huet virun allem awer och hir Dieren no baussen ogemaach. Mir hunn iwwer 70 Visiteursgruppen hei am Parlament empfaang, woubäi de Succès bei deene Jonken extra ervirzeisträichen ass. Net manner wéi 20 Schouלקlassen hu mer 2007 hei am Parlament empfaang. Mir hunn awer och versicht, déi Jonk un der Politik ze interesséieren, zum Beispill duerch de Concours „50 Joer Europa, mir wënschen...“, oder d'Diskussioun mat de Jonken iwwer Europa, vum honorabelen Här Fayot organiséiert a geleet hei an der Chamber...

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - ...an och de Jugendkonvent.

Dee gutt gefëllte Kalenner, dee mer dëst Joer haten, soll awer net driwwer ewechtäuschen, dass och fir d'nächst Joer zolidd Aarbecht op eis waart. Komplizéiert an zum Deel och kontroverséiert Projekte wäerten an de Plenum vum nächste Joer kommen. Ech denken un d'Schoulgesetz, de Pacte logement, d'Scheedungsrecht, d'duebel Nationalitéit an och deen äusserst sensibelen Dossier vun der Stierfbegleedung mat all deene Froen, déi sech um Enn vum Liewe stellen.

Do dernieft wäert d'Lëtzebuerger Parlament vum 1. Januar un d'Présidence vum CPI, dem Conseil Parlementaire Interrégional iwwerhuelen. 42% vun de Leit, déi hei am Land schaffen, kommen aus der Groussregioun. An deem Kader wäerte mer och am Ufank vum neie Joer eng Orientéierungsdebatte hei an der Chamber iwwert d'Groussregioun féieren.

Mä ier et esou wäit ass, kënnst elo déi friddlech, déi besënnlech Zäit vu Chrëschttag a vum Enn vum Joer op eis duer. Ech wënschen eis alleguerten, dass mer an dëser Zäit déi noutwendeg Rou an déi noutwendeg Kraaft fannen, fir dass mer am Joer 2008 eis Talenter an eis Energie mobiliséiert kréie fir där Aufgab, déi mer als Volleksvertreieder hunn, nozekommen.